Ech krut allerdéngs eng Fro vum Deputéierte Reding, dee mech gefrot huet, ob mer da bei de Privatpersoune géifen datselwecht maachen. Neen, bei de Privatpersoune maache mer net datselwecht. Dat war haut an der Commission des Finances et du Budget, an der Cofibu, an et ass awer och eestëmmeg ugeholl ginn, dass dat bei de Privatpersounen net soll gemaach ginn. An dofir wollt ech lech dat communiquéieren.

Ech hoffen, dass mer e grousse Support kréie fir dës Mesure, déi eis en conformité mam europäesche Recht setzt.

Merci, Här President.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gramegna.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6556 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6556 ass mat 55 Jo- a 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Ech si vum Här Finanzminister gefrot ginn, deen opgrond vun der Verschiebung am Ordre du jour an Zäitnout geréit, well en e wichtege Rendez-vous zu London den Owend nach huet, ob mer kéinten dee leschte Projet virzéien. An ech hu gemellt kritt, wéi wann dat méiglech wär.

Ech géif dann direkt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Guy Arendt, d'Wuert ginn iwwert de Projet 6642, wou et ëm d'Besteierung haaptsächlech och vum elektronesche Commerce am Land, wou et délivréiert gëtt, an net méi onbedéngt an deem Land, wou d'Résidence ass vun deene jeeweilege Firmen, geet. Den Här Arendt huet d'Wuert.

11. 6642 - Projet de loi

- portant transposition de l'article 5 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne le lieu des prestations de services;

- modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, dëse Projet de loi, iwwert dee mer de Mëtteg schwätzen, ass de 6. Januar vun dësem Joer vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm d'Ëmsetzen an déi national Législatioun vum Artikel 5 vun der Direktiv 2008/8/CE vum Conseil vum 12. Februar 2008, déi d'Direktiv 2006/112/CE iwwert d'Plaz vun der Leeschtung vun Déngschter - „lieu des prestations de services" - modifizéiert.

Mir schwätzen also hei iwwert de sougenannten „Lieu des prestations de services" a folglech iwwert d'TVA, déi op verschiddene vun dëse Servicer ufält. D'Aarbechterkummer huet hiren Avis zum Gesetzesprojet de 6. Februar 2014 erausginn. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 25. März 2014. Den 22. Abrëll huet d'Cofibu dësen Avis analyséiert, ier se den 29. Abrëll de schréftleche Rapport ugeholl huet.

Här President, ech wëll op dëser Plaz fir d'Éischt den Objet vum Gesetzesprojet erklären. Dës Explikatioune sinn zwar zum Deel technescher Natur, mä sinn onerlässlech, fir dësem Projet a senge Répercussiounen op eist Land Rechnung ze droen.

Den Artikel 5 vun der europäescher Direktiv modifizéiert ab dem 1. Januar 2015 d'Regelen, wat d'Plaz vun der Leeschtung vun Déngschter an der Telekommunikatioun, an der Radiodiffusioun a vu Servicer, déi iwwert den elektronesche Wee ofgewéckelt ginn, ugeet. Et handelt sech hei ëm d'Regele vun der Besteierung vu Servicer vu steierflichtegen Entitéiten, déi an der Europäescher Unioun etabléiert sinn, déi an net steierflichteg Persounen, déi ebenfalls an der Europäescher Unioun etabléiert sinn, ginn.

D'Fro, déi sech stellt, ass fir ze wëssen, wou dës Servicer besteierbar sinn, ob dat an deem Land ass, wou den Ubidder vum Service etabléiert ass, oder an deem Land, wou den Empfänger vum Service etabléiert ass.

Fir op de Punkt ze kommen: Et geet haut de Mëtteg hei ëm déi faméis Recetten aus der TVA vum Commerce électronique, och nach E-Commerce genannt. Eben déi Steierrecetten, déi eisem Stat zeguttkommen, wa Firmen, déi hei am Land etabléiert sinn, Servicer ofwéckelen, vun deene Konsumenten an anere Länner profitéieren. Bis elo waren dës Servicer an deem Land besteierbar, wou den Ubidder sech niddergelooss huet. An anere Wierder: De Service war imposabel um sougenannten „Lieu d'établissement" vum Prestataire.

De modifizéierten Text gesäit elo vir, dass d'Plaz, wou esou Servicer getätegt ginn, also och besteierbar sinn, déi Plaz ass, wou déi net steierflichteg Persoun, also den Endkonsument, entweder etabléiert ass oder wou se hire Wunnsëtz huet oder wou se geméinlech wunnt. D'TVA ass also op där Plaz oder an deem Land fälleg, wou den Empfänger, dat heescht den Endclient säi Sëtz huet oder wunnt.

Fir lech e Beispill ze ginn: Loosse mer e spuenesche Bierger huelen, deen och a Spuenien wunnt, deen nom 1. Januar 2015 eng Commande bei engem E-Commerce-Händler, deen zu Lëtzebuerg etabléiert ass, opgëtt, fir Servicer ze kafen oder fir Objeten ze kafen, da gëtt dëse Service net méi hei zu Lëtzebuerg besteiert, mä dee Moment zum gréissten Deel a Spuenien. Wat och bedeit, dass een Deel vun den TVA-Recetten, déi de Lëtzebuerger Stat bis elo agezunn huet, an Zukunft ewechfale wäert. An dësem Sënn schwätzen ech elo geschwënn iwwert déi faméis Perte vun de Recetten am Kader vun der TVA aus dem Commerce électronique.

Ier ech awer dorop kommen, muss ech nach op eng aner Thematik ze schwätze kommen, déi d'Betriber ugeet, déi esou Servicer ofwéckelen. Ab 2015 kënnt nämlech och nach eng Änerung fir d'Betriber, déi a verschiddene Memberstaten Aktivitéiten hunn, ouni awer do etabléiert ze sinn. Dës Betriber hunn elo d'Méiglechkeet, fir sech an engem bestëmmte Land identifizéieren ze loossen, an deem se dann och besteiert ginn. Si hunn dann een eenzege Kontaktpunkt, wou si hir periodesch Deklaratiounen an där Hisiicht ofginn. Dëse Regime lehnt sech un deen un, deen elo scho fir Betriber virgesinn ass, déi sech ausserhalb der EU etabléiert hunn an awer Aktivitéiten a verschiddene Memberstaten iwwert den elektronesche Wee ofwéckelen.

Dobäi kënnt och, dass de Regime vun der Flichtdeklaratioun ofzeleeën EU-wäit harmoniséiert gëtt. An anere Wierder: De Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg huet och zum Zil, den allgemenge legale Kader ze setzen, wat déi steierflichteg Etablissementer ugeet. Et sinn dann d'EU-Reglementer, déi de Fonctionnement vun dësem Regime a praktescher Hisiicht assuréieren. Well déi genannten Änerungen awer e groussen Impakt op d'Statsfinanze vu verschiddene Länner hunn, huet d'Direktiv déi finanziell Auswierkunge vun dësem Gesetzesprojet op véier Joer étaléiert.

Wann eng Entreprise sech elo an engem EU-Land identifizéiert an dann iwwert de Guichet unique fiert, deen zu Lëtzebuerg och nach „mini one-stop shop" genannt gëtt, da kann dëst Land d'Steierrecetten aus dem Commerce électronique 2015 an 2016 zu 30% behalen, an de Joren 2017 an 2018 nach 15%, ier dësen Undeel 2019 dann op null erofgeet. Dofir muss een och ëmmer dës véier Joer a Betruecht zéien, wann een de Steierausfall vun dësem Gesetzesprojet bemoosse wëllt.

Fir op mäi Beispill zréckzekomme vum Spuenier, deen Achate gemaach huet, dee gëtt dann no dem 1. Januar 2015 nach zu 30% zu Lëtzebuerg besteiert. Dat heescht, 30% vun de Recettë bleiwen hei, soudass déi Perte vun der TVA fir eise Stat net direkt op null fält, mä an Etappen iwwer véier Joer verdeelt ass. An da wäre mer scho beim sprangende Punkt: eise Budget. Dësen Text brëngt grouss Auswierkungen op déi finanziell Situatioun vun eisem Stat mat sech.

Ech wëll an deem Kontext drop hiweisen, dass d'Administration de l'Enregistrement et des Domaines den 9. Abrëll am Kader vun den Diskussiounen zum Budgetsgesetz vun 2014 der Kommissioun eng Note presentéiert huet. An där Note ginn déi aktuellsten Zeenarien ermëttelt, wat d'Ewechfale vun de Steierrecetten duerch den elektronesche Commerce ugeet.

Opgrond vun dëse Berechnunge wäert déi Änerung, déi ech lech elo grad erkläert hunn, zu enger Perte bei de Statsrecettë féieren, déi sech op 628 Milliounen Euro fir 2015, 737 Milliounen Euro fir 2016, 1 Milliard 8 Millioune fir 2017 an 1.153 Millioune fir d'Joer 2018 belafen.

Fir dës Zuelen elo an de Verglach mat de Budgetszuelen ze setzen, kommen ech kuerz op de Budgetsrapport fir d'Joer 2014 zréck. D'Previsioune vum Solde an der Administration centrale belafe sech do op minus 723,7 Millioune fir 2013. De Budget fir d'Joer 2013, deen hei am Haus gestëmmt ginn ass, huet en Defizit vu minus 1 Milliard 41 Millioune virgesinn. D'Plusvalue u Recetten an der Héicht vu 423 Milliounen Euro ass d'Ursaach fir dës Verbesserung vun 317,6 Milliounen Euro, mä dës Verbesserung ass bal exklusiv op déi héich Recettë vun der TVA um Commerce électronique zréckzeféieren.

D'Cofibu huet nach an hirem Budgetsrapport notéiert, dass d'Recettë vun der TVA um Commerce électronique op eng Manéier explodéiert sinn zu engem Zäitpunkt, wou aner Recettë stabil bliwwen oder souguer zréckgaange sinn. Och ass do ze liesen, dass ee sech misst virun Aen halen, dass eis Aart a Weis, fir mat de Statsfinanzen déi lescht Joren ëmzegoen, fundamental geännert muss ginn, wann ee sech d'Changementer, wat d'TVA um Commerce électronique ugeet, ukuckt a wann ee weess, dass d'Steierrecetten um Bensin an um Tubak wahrscheinlech net eropgoe wäerten.

Aus der leschter Note vum Comité de prévision fir d'Joren 2014 bis 2018, déi den 9. Abrëll an der Kommissioun virgestallt gouf, geet dat och nach eng Kéier ervir. Et gëtt virgerechent, dass, wa sech näischt ännert, eis Bruttostatsschold bei 16 Milliarden 344 Milliounen Euro am Joer 2018 läit. Dat sinn ongeféier 26,6% vun eisem PIB. D'Intérêten, déi der Administration publique doduerch ufalen, belafe sech dann op ëm déi 330 Milliounen Euro.

Et ass richteg, dass et net einfach ass, genau virauszegesinn, wéi grouss elo d'Recetten aus dem Commerce électronique iwwert déi nächst Jore si wäerten. Och well dat dovunner ofhänkt, wéi vill Entreprisen, déi elo zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, iwwert de Guichet unique zu Lëtzebuerg fuere wäerten a wéi vill sech der an aner Länner identifizéiere ginn. Wat een awer soe kann, ass, dass dës Direktiv, iwwert déi mer de Mëtteg schwätzen, schonn den 20. Februar 2008 publizéiert gouf an een dat vu Lëtzebuerger Säit net ganz proaktiv ugaangen ass.

Et gëtt awer och nach en aneren Aspekt bei dësem Gesetzesprojet, well verschidden technesch Dispositiounen am TVA-Gesetz ugepasst ginn. Et geet dobäi och ëm eng Recommandatioun vun der Médiateure zum Reklamatiounsdélai. Laut Artikel 76 vum kodifizéierten TVA-Gesetz vum 12. Februar 1979 kënne Berichtegungsbulletinen oder Berichter zur Taxation d'office iwwert de Wee vun der Reklamatioun attackéiert ginn. Eng Reklamatioun muss an deem Fall awer onbedéngt bannent dräi Méint ab dem Datum vun der Bekanntmaachung vum Bulletin eragereecht ginn. Et kann awer virkommen, dass en Assujetti ze spéit drun ass, ouni dass dat säi Feeler wier, an dass en net méi déi Méiglechkeet hätt, fir eng Reklamatioun anzereechen.

Et ass esou ee Fall, deen d'Médiateure dozou gefouert huet, eng Recommandatioun ze maachen. Et ass virgeschloe ginn, fir dëser Situatioun entgéintzewierken, dass d'Onméiglechkeet, fir eng Reklamatioun eranzereechen, op Nofro opgehuewe gëtt, ënnert de Bedéngungen, dass dës Demande bannent 15 Deeg vun deem Moment un, wou den Assujetti erëm vu sech selwer an der Lag ass, eng Reklamatioun ze maachen, gestallt gëtt an dass dës Demande net méi spéit wéi sechs Méint nom Oflafe vum initiale Reklamatiounsdélai gemaach gëtt.

Well dëst eng aussergewéinlech Moossnam ass, muss den Assujetti beweisen, dass et him onméiglech war, den initialen Délai ze respektéieren. Dës Prozedur kann nämlech net dozou féieren, dass se mëssbraucht gëtt, fir de Reklamatiounsdélai ze ëmgoen. Et soll och vermidde ginn, dass den Assujetti sech hannert senge Vertrieder verstoppt.

Här President, ech mengen, mir sinn eis heibannen all bewosst, wat fir gewalteg finanziell Répercussiounen duerch dëse Gesetzestext op eis duerkommen. An ech mengen och, dass mer eis all eens sinn, dass mer esou en externe Schock wéi dësen nëmmen offiedere kënnen, wann eist Land déi néideg strukturell Reformen an Ugréff hëlt.

Ech wéilt op dëser Plaz nach dem Finanzminister Merci soe fir déi gutt a schnell Zesummenaarbecht mat der Chamber. An, dat gesot, mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Arendt. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth vun der CSV.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ech soen dann och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci fir säi gudden an och prezise schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech kann och den Här Bodry berouegen, dëse Gesetzesprojet, deen ass agereecht gi vun dem neie Finanzminister, dem Här Gramegna, an d'CSV - dat Wichtegst virop - wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen. Well mir maache selbstverständlech eist Ofstëmmungsverhalen net ofhängeg vu wat fir enger Regierung de Projet de loi kënnt, mä mir maachen dat ofhängeg vun dem Inhalt.

(Interruptions)

An de Rapporteur, Här Bodry, deen huet dat och schonns duergestallt: Dëse Projet de loi ass, vun der Schreifweis hier, ee ganz techne-sche Gesetzesprojet. Well et ass eigentlech d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, déi effektiv schonn op d'Joer 2008 zréckgeet. Mä et si virun allem déi finanziell Implikatiounen, déi dëse Projet huet fir eist Land, déi, mengen ech, haut och mussen den Objet vun eisen Diskussioune sinn.

Mir haten d'Chance eigentlech zu Lëtzebuerg, dass bis elo am Kontext vum sougenannten „elektroneschen" Handel d'TVA konnt erhuewe ginn an deem Land, wou de Prestataire de service, dat heescht deejéinegen, deen déi Internetleeschtungen ugebueden huet, wou deen etabléiert war, dat war an der Regel hei zu Lëtzebuerg. An dat onofhängeg vun dem Land, wou d'Clientë gewunnt hunn. Elo wäert awer mat dëser Direktiv dee System ëmgedréit ginn. Nämlech wäert net d'TVA mussen erhuewe ginn an deem Land, wou den Ubidder säi Sëtz huet, mä do, wou den Ennclient wunnt.

Mir hunn awer eng Chance, dat ass nämlech déi, dass an der Regel déi Ubidder am elektroneschen Handel a ganz villen Häre Länner operationell sinn, an dat besonnesch och an eenzelnen europäesche Memberstaten. An am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung besteet duerfir d'Méiglechkeet, fir e sougenannten „Guichet unique" opzestellen, wou dann den Internetubidder usässeg ass. Dee kollektéiert zwar d'TVA vun de Länner mat deem Taux, wou hir Clientë sëtzen, mä mir hunn d'Chance, dass mer kënne während de Joren 2015 an 2016 dovunner 30% zu Lëtzebuerg halen. 2017 an 2018 kënne mer dovunner nach 15% halen.

De Guy Arendt huet higewisen op, mengen ech, d'Fiche financière, déi an dem Gesetzesprojet bäigeluecht ass a wou och d'Vertrieder vun der Enregistrementsadministratioun eis erkläert hunn, dass, jee nodeem, wéi vill Ubidder hei zu Lëtzebuerg wäerten hire Guichet unique behalen, de Steierausfall um Niveau vun der TVA sech wäert bewegen zwësche 600 Milliounen Euro, wann all d'Ubidder, déi de Moment hei etabléiert sinn, hire Guichet unique zu Lëtzebuerg opstellen, bis zu enger Milliard, wann, par impossible, géifen alleguerten dës Ubidder d'Land verloossen.

D'Realitéit wäert zimlech no bei deene 600 bis 700 Milliounen Euro sinn, well déi Ubidder awer niewent dem steierlechen Ëmfeld och virun allem déi Kommunikatiounsinfrastrukturen, déi mer zu Lëtzebuerg hunn an déi iwwert déi lescht Joren opgeluecht goufen, wäerten dervu profitéieren.

Wat ass dann elo de Steierausfall? Mä zënter 2003 huet eist Land iwwert de Wee vun dem Commerce électronique, also dem elektroneschen Handel, ronn 4,3 Milliarden TVA-Einnahme kritt. Dës Suen, déi sinn eigentlech direkt oder indirekt iwwert déi lescht zéng Joer an eis Ekonomie agefloss. An eleng tëschent 2011 an 2013 hu sech déi TVA-Einnahme verduebelt, nämlech 2011 louche se nach bei 569 Milliounen, 2013 bei 952 Milliounen. Fir dëst Joer, wann d'Schätzunge vun der Enregistrementsverwaltung sech als richteg erweisen, wäerte mer de Kapp vun enger Milliard Euro TVA-Einnahmen dépasséieren.

Et muss ee sech eigentlech an de Verglach setzen zu den Ausgaben, déi de Stat bewerkstellegt. Mir kéinte mat där Milliard Euro, déi iwwert den elektroneschen Handel erakënnt, sämtlech Familljenzoulagen, déi an engem Joer ufalen - sämtlech Familljenzoulagen, net nëmmen d'Kannergeld -, finanzéieren. Mir kéinten och mat dem elektroneschen Handel ronn zwee Drëttel vun den Investitiounsausgaben, déi de Stat an de leschte Jore gemaach huet, direkt finanzéieren.

An ech soen och hei nach eng Kéier ganz kloer an däitlech, dass déi Fro, déi diskutéiert war, nämlech: Hätt d'Regierung net missen déi Suen, déi aus dem elektroneschen Handel iwwert déi lescht Joren opgelaf sinn, an e Reservefong setzen?

Do soen ech nach eng Kéier, dass d'CSV zu där Politik steet, dass an de Krisejoren, 2008 bis 2013, déi ronn 3,3 Milliarden, déi während där Zäit um Niveau vun dem elektroneschen Handel als TVAs-Einnahmen opgehuewe goufen, dass déi net ewechgestallt goufen, mä dass déi an d'Ekonomie agefloss sinn. Domadder hunn nämlech ganz vill Betriber am Handel an am Handwierk direkt oder indirekt Opträg kritt. Et sinn och Aarbechtsplazen doduerch erhale ginn.

An déi antizyklesch Politik, déi huet och hir Friichte gedroen. Well trotz deem Konjunkturpak an deene Spuermoossnamen, mengen ech, muss een awer där fréierer CSV/LSAP-Regierung zegutthalen, dass, ouni dass et zu sozialen Onroue komm ass, een Null-Defizit op den 31. Dezember 2013 bei de gesamtëffentleche Finanzen erauskomm ass.

Nu soe mer als CSV och ganz kloer, dass dee geschate Steierausfall, dee sech jo net nëmmen op 2015, mä 2016 an doriwwer eraus wäert erweisen, duerch déi Perte un den TVAs-Einnahmen an dem elektroneschen Handel, dass ee sech net soll der Illusioun präisginn, dass een déi eleng duerch Aspuermoossnamen, duerch „zero-based budgeting" oder aner Konsumausgaben aspuere kann, decke kann. An duerfir soe mer och als CSV, dass een net derlaanscht kënnt, fir dee Steierausfall och duerch Steiererhéijungen auszegläichen.

A mir widderhuelen nach eng Kéier, Här Finanzminister, Dir Dammen an Dir Hären, dass d'CSV och an der Oppositioun zu där Propos, déi se virun de Wahle gemaach huet, nämlech, fir de Regelsaz vun der TVA vu 15 op 17% an d'Luucht ze setzen, dass mir dozou stinn. Well dëst eleng däerft zu Mehreinnahmen um Niveau vun der TVA, also d'Erhéijung vun dem Regelsaz vu 15 op 17% vu geschaten 320 Milliounen Euro pro Joer féieren.

Mir soen awer gradesou däitlech, dass mer déi annoncéiert Erhéijung vun der TVA um Logement locatif, also an dem Mietwunnengsberäich, dass mer déi kontraproduktiv fannen, fir de Steierausfall auszegläichen. Well dës Moossnam, an den Här Reding huet dat virdrun am Kontext vun deem anere Projet de loi gesot, déi wäert derzou féieren, dass d'Offer u Mietwunnengen, dass déi net wäert der Demande, déi stets steigend ass, entgéintwierken. An et wäerte virun allem Famillje mat mëttlerem a mat niddregem Akommes, Elengerzéier sinn, déi hei vill méi Schwieregkeete wäerte kréien, fir sech op dem Mietwunnengsbau eng Wunnecht kënnen ze leeschten.

An et si jo eng ganz Rei vu Kommunalpolitiker, géif ech soen och zerguttst an der Chamber, mä d'Baubranche, déi huet dee Message, dee vun der Regierung komm ass, scho längst opgeholl. A wann Der gesitt, dass an der Regel bis elo eigentlech déi Wunnechten, déi traditionell vu Privatleit dem Mietwunnengsbau zougefouert goufen - wat war dat? oder wat ass dat? -, mä dat sinn Appartementer vun enger Gréisst vun 80 bis 85 Meter carré.

Et ass awer elo esou, dass d'Baubranche a virun allem d'Promoteure fir déi Projeten, déi nach net ganz duerch d'Prozedur sinn, an dat soe si och, dass déi eigentlech vun deenen traditionelle Standardappartementer ofrécken, fir op méi grouss Appartementer ze goen, mat enger Contenance vun 110 bis 120 Meter carré, déi dann net méi dem Mietwunnengsbau zougefouert ginn, mä als Eegewunnengen am Kontext vun Appartementer solle geschaf ginn.

Elo ass et awer esou, dass bei engem Metercarrés-Präis, dee bei 5.000 bis opwäerts ronderëm d'Stad ass, an der Stad vill méi héich ass, dass do ganz vill Famillje sech iwwerhaapt keng Eegewunneng an där Gréisst a mat deem Präis kënne leeschten. An duerfir soen ech hei ganz kloer am Numm vun der CSV-Fraktioun, dass mir d'Regierung opfuerderen, déi annoncéiert Hausse vun 3% op 17% an der TVA Logement locatif, fir déi net virzehuelen.

En zweete Punkt, Här President, ass och deen, dass mir eigentlech ëmmer gesinn, dass déi ugekënnegt TVA-Hausse, ob se sech elo op de Regelsaz beschränkt, an nach méi, wa se sech och an de Logement locatif beweegt, dass déi muss ausgeglach ginn duerch eng sozial Offiederung um Niveau vun der allgemenger Steiertabell. Well et wäert nämlech soss d'Mëttelschicht sinn, déi d'Mëllechkou gëtt vun dëser Regierung, fir déi dote Finanzpolitik ze finanzéieren.

Madame Loschetter, ech ginn lech och e konkret Beispill. Bis elo ass et esou, an dat beleeën OCDE-Studien, dass e Stot mat zwee Kanner bei eis am Land mat engem Akommes vu ronn 40.000 Euro, déi hunn... 99% vun hirem Bruttoakommes ass gläich Nettoakommes. Firwat? Well se zwar Sozialofgabe ginn, well se och Steiere bezuelen, net an engem héije Mooss, mä well se dat ausgeglach kréien duerch Sozialtransferten, notamment um Niveau vun dem Kannergeld an aner Vergënschtegungen, wat also mécht, dass mat engem Bruttoakommes vun engem Stot mat zwee Kanner vu 40.000 Euro, dass déi praktesch datselwecht als Netto hunn.

Wann een awer elo d'Akommes vun enger Famill kuckt mat dem faméise Saz vu ronn 83.600 Euro, wat eng normal gutt situéiert Famill ass, déi awer nach net räich ass, mat zwee Kanner, déi hunn awer de Problem, dass déi da scho bei enger Steierlaascht leie vun 39%. Rechent een do nach dozou d'Solidaritéitssteier, dann ass fir déi Famill mat all 1.000 Euro, déi déi weider verdéngen, dat ass nach keng räich Famill, ginn déi ronn 430 Euro d'Joer um Niveau vu Steieren un de Stat of.

A mir sinn als CSV der Meenung, dass een deem Pheenomen och vun der Mëttelschicht muss an enger Upassung vun der Steiertabell Rechnung droen. An duerfir, Här Finanzminister, froe mer lech eigentlech och, dass Der parallell zu där ugeduechter TVA-Erhéijung, déi jo zum Deel och dozou gefouert huet, nämlech fir den Ausfall vun der TVA um elektroneschen Handel, dass Der déi an eng Offlaachung vun dem Mëttelstandsbockel vun der allgemenger Steiertabell afléisse loosst.

Ech wëll och do konkret soen, dass an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, déi am Abrëll 2013 gemaach gouf ënnert där fréierer Regierung, scho recommandéiert gouf, am Numm iwwregens vun där ganzer Regierung, fir ab dem 1. Januar 2015, recommandéiert gouf, well normalerweis d'Wahle jo a 14 Deeg gewiescht wieren, mä och do ass preziséiert ginn, dass een dat sollt abetten an eng sozial Offiederung notamment vun deene Mëttelverdénger aus eiser Gesellschaft.

Här President, ech wéilt awer dann och am Numm vu menger Fraktioun nach eng Kéier insistéieren, dass d'CSV sécherlech net verlaangt, dass de Finanzminister eis haut oder an deenen nächsten zwee Méint Detailer iwwer eng sougenannten „Steierreform" gëtt. Dat kann een net verlaangen, nodeems Der sechs Méint am Amt sidd.

Ech soen awer gradesou däitlech, Här Minister, dass mer vun lech verlaangen, och am Sënn vun deem, wat oft ugekënnegt gëtt, nämlech - Wat wëlle mer? Wou wëlle mer higoen? Mir wëllen de Leit soen, wat op se duerkënnt! -, dass Der awer zumindest eng Äntwert misst kënne ginn op elementar Froen, nämlech: Gëtt bei lech de Spëtzesteiersaz erhéicht? Jo oder neen? Mat wat fir enge Mëttele gedenkt Der de Mëttelstandsbockel ofzeflaachen? A wat sinn zumindest déi Mehreinnahmen, déi Der lech erwaart duerch eng Erhéijung vun der TVA op dem sougenannten „Logement locatif"?

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wëll awer nach zu deenen zwee Punkte kuerz Stellung huelen, wat reng prozedural Moossname sinn a wou de Guy Arendt och dovu Mentioun gemaach huet. Dat ass nämlech dee sougenannten „Relevé de forclusion" oder „Relevé de déchéance".

Mir sinn als CSV d'accord, dass deen an dësem Gesetzesprojet säin Néierschlag fënnt, fir dass eng Persoun, déi an der Regel dräi Méint Zäit huet, fir géint en TVA-Bescheed ze reklaméieren, wann déi duerch Ëmstänn, déi onofhängig si vun hirem Wëllen, zum Beispill wa se krank ass, oder se huet hire Steierbescheed, aus welche Grënn och ëmmer, net direkt kritt, dass se da ka froen, fir vun där Déchéance, dat heescht, fir dass se entbonne ka ginn, fir an där Frist vun dräi Méint ze reklaméieren. Domadder si mer als CSV ausdrécklech d'accord.

Mir hunn awer eis Schwieregkeete mat där Recommandatioun, déi d'Médiateure gemaach huet am Kontext vun hirem Bericht, nämlech déi vun der sougenannter „Remise gracieuse". Ëm wat geet et?

Bei den direkte Steieren, do huet een d'Méiglechkeet, wann eng Steier eigentlech aus objektive Grënn inéquitabel wier, oder subjektiv Elementer, zum Beispill wann eng Persoun praktesch keng Sue méi huet, fir Steieren ze bezuelen, da ka se bei dem Steierdirekter eng sougenannten „Remise gracieuse" froen, a géint dee Bescheed vun dem Steierdirekter par rapport zu där Reklamatioun ass souguer e Recours beim Verwaltungsgeriicht méiglech.

Mir sinn awer als CSV der Meenung, dass dës Prozedur de Remise gracieuse, déi dëst Recht, an Däitschland gëtt et dat, dass déi net ubruecht ass um Niveau vun der TVA. An dat aus engem ganz einfache Grond, well et en Ënnerscheed gëtt tëschent der TVA, wat eng Konsumsteier ass, déi eigentlech de Commerçant ab initio kollektéiert, net fir sech selwer, mä fir de Stat, an enger direkter Steier, déi opgrond vun engem erwirtschaftete Gehalt oder engem erwirtschaftete Benefiss befaasst (veuillez lire: erfält).

Aus deene Grënn, Här President, si mer als CSV à ce stade net d'accord, fir eng sougenannten „Remise gracieuse" um Niveau vun der TVA anzeféieren. Net als Härtefall géintiwwer de Leit, déi Schwieregkeeten hätten, fir d'TVA ofzeféieren, mä ganz einfach opgrond vun der spezifescher Natur vun der TVA als Konsumsteier.

Dat gesot, Här President, an no deem e bësse méi laangen Exkurs, ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Als Nächsten huet den Eugène Berger vun der DP d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt och direkt dem Rapporteur Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. Hien huet och schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn. Ech wëll mech op e puer Remarquë beschränken.

Effektiv kéint ee soen, datt et hei einfach ëm eng Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv geet vun 2008 am Beräich vun der TVA, mä ech mengen, mir sinn eis jo all bewosst, datt hei awer an där Ëmsetzung vun där Direktiv en enorme politesche Sprengstoff dran ass, deen eis Budgetspolitik an der Vergaangenheet, mä och an Zukunft wäert nach nohalteg markéieren.

Virun allem ass et jo esou, datt d'Ëmsetze vun där Direktiv d'Ewechfale vu ganz grousse Recettë bedeit. Ech hat dat och scho beim Budget erläutert. Et ware Kontroversen zu den Zuelen, wéi vill géif ewechfalen, ënner anerem d'Chambre des Fonctionnaires publics an och d'CGFP huet gemengt, dat wier alles net esou schlëmm. Mä an der Finanzkommissioun hate mer awer d'Zuelen nach eng Kéier kritt, detailléiert Informatioune vum Direkter vun der Enregistrementsverwaltung, dee jo och, ech wëll dat nach eng Kéier zitéieren, gesot huet zu den Zuele vun der CGFP: „rien n'est moins vrai". Fir einfach ze soen, datt dat Zuele sinn, déi net Kapp a Fouss hunn.

Vläicht ganz kuerz, fir se nach eng Kéier ze widderhuelen, se si scho gesot ginn. Wann elo, an engem Scénario moyen hate mer dat, ech huelen hei einfach déi Zuelen, déi ech am Budgetsrapport hat, wat do genannt ginn ass „un scénario méchanique", wou een dovun ausgeet, datt, wann elo net déi Direktiv komm wier, mer an der Moyenne eng Milliard Recetten hätten, da verléiere mer 2015, hu mer eng Perte économique vu 627 Milliounen, dann dat Joer drop 737 Milliounen Euro, 2017 eng Milliard Euro, 2018 1,1 Milliarden Euro als Perte économique, fir einfach ze ënnersträichen, wat fir eng Zommen eis do wäerten am Budget an den nächste Jore feelen.

Wat ech wëll soen, dat ass, datt et awer laang gewosst war - déi Direktiv ass vun 2008 -, datt dat hei eng Kéier géif op d'Land zoukommen, datt mer eng Kéier domadder konfrontéiert géife ginn. An datt awer an all deene Jore keen Zeenario ausgeschafft ginn ass, kee Plang B, keng Alternativ ausgeschafft ginn ass, fir deem entgéintzewierke bis praktesch op dat Joer, wou et da kënnt, wou een da mat der Nues virun der Mauer steet.

Et ass net eréischt säit 2008, mä ech hunn dat nach eng Kéier nogekuckt, den Här Roth hat als Budgetsrapporteur 2011 och drop higewisen. 2011, dat sinn also och scho bal dräi Joer, iwwer dräi Joer hier, wou och den Här Roth, e kann et selwer eng Kéier noliesen, gesot huet, opmierksam gemaach huet, passt op, mer musse kucken, datt mer hei eng, ech soen emol eng Sortie de secours wéinstens fannen, oder datt mer eis mat Zäit iwwerleeën, wéi mer där Perte vun deenen enorme Recettë kéinten entgéintwierken. An deene Joren 2012, 2013 respektiv och 2011 schonn ass awer do näischt geschitt. An dat ass jo ee vun deene groussen Défien, déi dann déi nei Majoritéit huet, fir mussen ze kucken, fir mat där Situatioun dann eens ze ginn.

Den Här Roth huet virdrun erkläert, datt awer effektiv déi Sue benotzt gi sinn, fir antizyklesch Krisepolitik ze maachen. Dat stëmmt net an deem Mooss, Här President, muss ech awer trotzdeem dem Här Roth soen. An ech wéilt och verweisen op eng Rei Avisen, déi och beim Budgetsrapport zitéiert gi sinn.

Zum Beispill de Statsrot, dee gesot huet, et ass jo net nëmmen, datt ee versicht huet, do d'Effete vun der Kris domadder ofzefiederen, fir weider ze investéieren, fir dat den Entreprisen zeguttkommen ze loossen, mä et sinn ëmmer méi nei zousätzlech Dépensë kreéiert ginn - Stéchwuert Studentesubsiden, Chèques-services an esou weider -, wou also mat deene Suen, wou mer woussten, se géifen eng Kéier ewechfalen, eigentlech awer nei Dépensen domadder ofgedeckt gi sinn.

Mir hunn eigentlech lafend Dépensë mat deem, ech nennen et emol einfach Jackpot do, wou mer woussten, dass deen eng Kéier géif auslafen, hu mer domadder bezuelt, amplaz vläicht sech méi fréi Gedanken ze maachen, wéi kënne mer déi Suen, net alleguerten, mä en Deel wéinstens, op d'Säit leeën - „Fonds souverain" ass dat Stéchwuert, dat ëmmer erëmkomm ass -, fir datt mer deem hätte kënnen entgéintwierken. Wéi gesot, et ass net mat Zäit reagéiert ginn, an duerfir hu mer also elo déi grouss Erausfuerderunge fir déi nei Majoritéit, fir deem entgéintzewierken.

Effektiv eng vun de Solutiounen, et ass awer net déi, déi alles kann ofdecken, dat ass déi vun der TVA-Erhéijung, déi wäert d'nächst Joer kommen. Nach muss een erklären, oder ëmmer erëm rappeléieren, datt mer den niddregsten Taux an Europa wäerten hunn.

An dann awer och e Wuert zu der TVA-Erhéijung, den Taux réduit bei den Zweet-, Drëtt-, Véiert- Fënneftwunnengen. Et ass esou, datt elo dobausse gesot gëtt, datt dat géif bedeiten, datt dann och insgesamt hei zu Lëtzebuerg géifen am Wunnengsbau Problemer kommen, well dann ënner anerem d'Loyere géifen an d'Luucht goen. Mir sinn der Meenung, datt dat net de Fall wäert sinn.

Well et kéint ee jo och ëmgedréit froen: Deemools, wéi deen Taux réduit agefouert ginn ass, sinn dann deemools doduerjer, datt een deen Taux vun 3% agefouert huet, d'Loyeren zum Beispill erofgaang? Neen, guer net! Och deemools, mat deenen 3%, sinn d'Loyere monter weidergaang. Wat mer brauchen, dat si méi Sozialwunnengen. Dat ass einfach méi eng grouss Offer um Marché, déi mer brauchen. Dat ass dat, wou ee muss usetzen.

An och si mer der Meenung, datt, wann een elo deen Taux réduit vun 3% aféiert, dat muss een awer och betounen, deen Taux vun 3% bleift fir déi Leit, déi selwer an hiert Haus wunne ginn. Datt mir also dat och als eng sozial selektiv Mesure gesinn, wou jo ganz vill ëmmer an deene vergaangene Joren dovunner geschwat ginn ass. Et sinn awer ganz selten, fir net ze soe bal ni Politike gemaach ginn, wou wierklech déi sozial Selektivitéit och ëmgesat ginn ass. Hei ass een Element, wou mer dat wäerte maachen.

An nach wie vor, wann ee kuckt, wéi de Lëtzebuerger ass, wann en e puer Sou huet, e puer Euro gespuert huet, huet e grosso modo dräi Méiglechkeeten. Entweder e setzt se op eng Bank, wou awer net ganz vill Zënsen dobäi erauskommen. E geet eventuell, ech soen emol, e spekuléiert mat Aktien. Oder déi drëtt Méiglechkeet, wat de Lëtzebuerger nach ëmmer mécht, dat ass, datt en dann an Immobilier investéiert. Effektiv déi Leit, déi dann eventuell en Appartement kafen, fir dann dat ze verlounen, fir doduerjer e klengen zousätzlechen Invest ze hunn, herno eventuell och eppes fir hir Kanner ze hunn.

Ech sinn nach wie vor iwwerzeegt, datt, och, wann elo do den Taux vun 3% op 17% geet, weiderhin d'Lëtzebuerger wäerten och an den Immobilier investéieren, well se nach ëmmer wëssen, do kréien ech méi Suen, wéi wann ech d'Suen op der Bank loossen, och wann herno vläicht déi Marge bénéficiaire net méi gradesou héich ass, an datt doduerch och net mussen d'Loyeren an d'Luucht goen. An, en plus, hunn

ech och herno eng Valeur immobilière, déi och eppes wäert ass.

Duerfir géif ech soen, datt dat awer ënnert dem Strech eng Reform ass, déi sozial selektiv ass an déi net wäert mat sech bréngen, datt doduerjer alles an de Koup fält um Marché immobilier. Au contraire, mir musse kucken, datt mer méi Sozialwunnenge kréien, datt mer méi eng grouss Offer wäerten hunn.

E Wuert och zu deem, wat den Här Roth gefrot huet, d'Steierreform. Wat jo och ëmmer do interessant ass, wann elo eng Rei Froe gestallt gi fir eng Steierreform, och do muss ech soen, datt den Här Roth - an d'CSV huet jo iwwer Joren, Jorzéngten de Finanzminister gestallt -, datt se do an der Vergaangenheet also schonn d'Chance gehat hätten, fir all déi Froen, déi se elo stellen, deemools selwer ze beäntwerten a selwer eng Steierreform op de Wee ze bréngen.

Déi Regierung hei, déi huet sech virgeholl, fir op alle Fall an deenen nächsten zwee Joer dat auszeschaffen, fir all déi Froen dann och kucken ze beäntwerten, an datt een dann also do wierklech och e Package kritt, wou net nëmmen de Mëttelstandsbockel, mä wou insgesamt eng sozial selektiv Steierreform op d'Bee kënnt, wou jiddweree gerecht behandelt gëtt.

Vläicht nach zwou Remarquen zum Ofschloss, Här President. Déi Fro, déi ee sech och hei muss stellen, dat ass: Wéi geet et weider mat deene verschiddene Gesellschaften, déi am E-Commerce täteg sinn? Dat kann een haut nach net beäntwerten, mä dat wäerte mer da spéitstens de Januar 2015 gesinn.

Et wier ze hoffen, datt do net ze vill Betriber da géifen hir Wallisse paken. Sécherlech hu se jo och nach eng Iwwergangszäit. Mä och do muss ee wëssen, datt also vläicht am Virfeld net genuch gemaach ginn ass, fir do och schonn, ech soen net Sorties de secours, mä aner Méiglechkeeten oder aner Produiten deenen Entreprisen unzebidden, fir datt se vläicht méi laang géifen hei zu Lëtzebuerg bleiwen.

Dat weist awer och méi generell drop hin, datt et ëmmer - wéi soll ech soen? -, ëmmer schwiereg ass, oder datt et net gesond ass, wann een op spezifesch Nische setzt zu Lëtzebuerg, déi à durée déterminée sinn, wou ee weess, wou eng Rei Joren d'Suen erakommen an dann op eemol fort sinn. Dat ass eigentlech am Endeffekt keng nohalteg Politik.

Datt een also muss kucken, an Zukunft - dat sinn d'Léieren, déi een och da muss zéien -, an Zukunft méi ze diversifizéieren. Datt also och d'Regierung dat sech an hire Koalitiounsaccord geschriwwen huet, datt een also net méi an Zukunft soll op spezifesch Nischen, déi nëmmen zäitlech begrenzt sinn, dorobber setzen, domadder versicht, e puer Joer iwwert d'Ronnen ze kommen, an dann duerno virun engem Koup Schierbelen oder engem risege Bierg vu Scholde steet, mä datt een also muss kucken, iwwert d'Diversifikatioun och eis Recettë-Landschaft méi ze diversifizéieren. Wann also emol een Acteur oder eng Recette ewechfält, datt een dann awer nach genuch anerer huet, déi do kënnen asprangen, also de Cocktail oder de Mix do muss richteg sinn.

Voilà, Här President, dat gesot, nach e puer Remarquen zu deem Projet, dee wéi gesot, natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun fënnt. Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Berger. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry vun der LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech mengen, wann een dat hei ganz dréche kuckt, da kann ee soen, hei geet et ëm eng weider Emsetzung vun enger européischer Direktiv. Mä ech mengen, de Rapporteur, de Guy Arendt, huet scho bei senger kompletter Presentatioun hei kloergemaach, dass et hei ëm eng Direktiv geet, déi en immensen Impakt wäert, an nohaltegen Impakt hunn op d'Lëtzebuerger Finanzsituatioun. Sou wéi eigentlech déi Texter virdrun, am ëmgekéierte Sënn, e formidabelen Impakt op eis Finanz- an eis budgetär Situatioun, besonnesch och vum Stat haten a par ricochet och op d'Gemengen, well u sech d'Gemenge jo och deelweis mat 10% un den TVA-Einnahme vum Stat drunhänken.

Déi Welt, déi sech lues a lues gemaach huet vun 2004 un, bis haut nach, déi wäert eng komplett aner ginn. Et wäert eng Emkéierung ginn eigentlech vun engem Prinzip vum Steierrecht, dee bis elo an deem dote spezielle Beräich vum E-Commerce gegollt huet, wat d'TVA ugeet, a progressiv also komme mer an e ganz anere System eran. An dat, wat vun Honnerte Milliounen Euro iwwert déi lescht Joren an d'Statskeesen eragespullt ginn ass iwwer eenzel Betriber, déi sech wéinst där doter steierlecher Landschaft hei zu Lëtzebuerg etabléiert hunn, dat wäert zu engem gudden Deel feelen an deenen nächste Joren.

Wann ech déi geschätzten Einnahme fir 2014 mat anzielen, déi jo bei eppes méi wéi enger Milliard Euro landen, TVA vum E-Commerce hei zu Lëtzebuerg, da kënnt een, wann een dat ab 2003 rechent, kënnt een op en Total vu ronn 5,4 Milliarden Euro, déi eleng also déi Branche vum E-Commerce iwwert d'TVA eigentlech an de Statsbudget bruecht huet.

Dat war sécherlech bis dato en Erfolleg vun enger gewëssener Nischepolitik, déi hei gemaach ginn ass. Et wäert sech elo erausstellen, ob dat och zu enger Nischekompetenz gefouert huet. Dat heescht, ob u sech déi Acteuren, déi sech eleng eigentlech wéinst der TVA-Landschaft an dem Besteierungssystem hei zu Lëtzebuerg etabléiert hu vun 2003 u bis haut, ob déi och weiderhin hir Aktivitéite vu Lëtzebuerg aus wäerte steieren, och wann elo de Berechnungsmodus vun der TVA an Europa fundamental wäert änneren.

Wéi gesot, et ass keng Iwwerraschung, dass deen heiten Text kënnt. Mech iwwerrascht e bëssen, dass et eigentlech esou laang gedauert huet, bis dass d'Regierung deen heite Projet deponéiert huet. Well dat war déi nei Regierung, déi deen heite Projet an der Chamber am Januar dëst Joer deponéiert huet. D'Direktiv geet ëmmerhin op de Februar 2008 zréck. Dat sinn also, wann ech mech net iren, trotzdeem praktesch sechs Joer, déi et gedauert huet, bis en Emsetzungstext vun der Regierung an der Chamber hei deponéiert ginn ass.

Mä egal wéi elo d'Regierung ausgesinn hätt zu deem Zäitpunkt, keng wär derlaanscht komm, matzäiten - virum 1. Januar 2015, wou déi nei Texter hei a Kraaft trieden -, fir deen heiten Text ze presentéieren, och wann en natierlech net esou angenehm ass wéi vläicht aner Texter, déi ee kann an der Chamber virbréngen.

Et ass evident, dass et zënter 2008 gewosst ass, dass mat der Échéance vum 1. Januar 2015 wäert op ee Schlag e gudden Deel vun TVA-Einnahmen dem Lëtzebuerger Stat feelen an dass dat sech wäert nach weiderentwéckelen iwwer en Zäitraum vu véier Joer, träppercherweis mat Paliere vun zwee Joer, bis da schlussendlech net méi ganz vill wäert iwwreg bleiwe vun deem Kuch, dee sech gemaach huet an opgeblose ginn ass iwwert déi lescht Joren.

Et muss een och wëssen, dass et eng ganz kleng Zuel ass vu Betriber, déi eigentlech d'majeure Partie vun där doter TVA-Einnahm ausmaachen. Et sinn haaptsächlech véier ganz grousser, déi sech hei zu Lëtzebuerg implantéiert hunn, déi de Gros vun deenen doten TVA-Einnahme bis elo eragespillt hunn.

A wann een nëmmen d'Zuelen elo vun 2014 kuckt, wat jo dann nach Schätzunge sinn, wou mir haut awer an der Finanzkommissioun gewuer si ginn, dass déi zoustänneg Steierverwaltung dovunner ausgeet, dass plus ou moins kéinten awer och déi Einnahmen um Enn vum Joer effektiv erakommen, sou musse mer op där enger Säit déi geschätzten Einnahmen hu vun enger Milliard a 50 Milliounen Euro, an op där anerer d'brutto TVA-Recetten, déi geschat si ginn op 4,8 Milliarden Euro.

Also méi wéi ee Fënneftel, ee gudde Fënneftel vun eisen TVA-Recetten insgesamt gëtt am Joer 2014 duergestallt eleng nëmmen duerch dee relativ klenge Beräich, wat d'Zuel vun de Betriber an d'Zuel vun den Aarbechtsplazen ugeet vum E-Commerce, deen an e puer Joer hei opgebaut ginn ass a sech hei lues a lues installéiert huet.

Nun huet sech hei nach eng Kéier e bëssen déi Debatt widderholl, déi mir scho beim Budget haten. Wéi prévoyant ass déi viregt Regierung mat där doter Situatioun ëmgaangen? Ech mengen, et ass e bëssen esou, d'Wourecht - wéi esou oft - läit e bëssen tëschent deenen zwee.

Et ass evident, dass an den Zäite vun der akuter Kris, notamment an de Joren 2009, 2010 an 2011, et sécherlech net de Moment war, fir ze soen: Elo huele mir nach eng Rei vun Honnerte Milliounen, déi mir ofzweigen, fir se iergendwéi op d'Säit ze leeën. Dat hätt bedeit, dass een eigentlech hätt misse bei enger ganz fragiler ökonomescher Situatioun a prekärer Finanzsituatioun an eng richteg Austeritéitspolitik oder an eng méi staark Verschëldung eragoe vum Lëtzebuerger Stat, wat sengerzäit kee wollt maachen.

Ech muss awer zougestoen - an do sinn et ëmmer Stëmme ginn an alle Parteien, déi awer do virdru gewarnt hunn -, et hätt ee sécherlech kënnen drun denken, méi virsiichteg ze sinn an de Joren 2012 an 2013, wou awer u sech net méi déi Krisesituatioun an deem Mooss do war, fir do schonn en Apel fir den Duuscht probéieren op d'Säit ze leeën.

D'viregt Regierung hat eng Rei vu Sanéierungspäck fir d'éffentlech Finanze geschnüürt. Si wollt net doriwwer erausgoen. Déi Aarbecht huet awer elo dës Regierung. Dat ass ganz evident. Dat ass eigentlech, géif ech soen, bal dat Schwéierst, wat ze stemmen ass, well mir et hei jo och mat engem strukturelle Réckgang vun Einnahmen ze dinn hunn, also muss dës Regierung och mat strukturelle Moossnamen äntwerten op dee strukturelle Réckgang, deen hei geschitt.

Wat mech bis elo an der Debatt hei enttäuscht huet, dat ass eigentlech, dass och vusäite vun der gréisster Oppositiounspartei, der CSV, elo hei erëm gefuer gëtt, wéi dat och scho bei de Budgetsdebatte war. Mir gi gewuer, wat se net wëllen. Also zimlech alles, wat net grad scho viru Jore vun hinne mat ënnerschriwwe ginn ass, dat fanne si iergendwéi schlecht. Mir ginn awer net gewuer - dat bleift e Geheimnis, wat se wohl hüten, ech weess net, bis wéini, vläicht bis zu den nächste Wahlen oder duerno ,- wat si dann eigentlech wëllen.

Mä ech sinn awer elo ganz optimistesch ginn - ech hu jo héieren elo an deem regelméissege Kontakt mat der Press, dee se opgebaut hunn, dass se haaptsächlech wëllen op Alternative setzen, och wann d'Alternativen haut nach net vläicht do sinn -, dass mir awer sécherlech gewuer ginn an nächster Zäit - a wahrscheinlech esou schnell, wéi d'Regierung mat hiren Aarbechte kënnt -, wat dann hir Alternative sinn,…

(Interruption)

…fir dat gemeinsamt Zil ze erreechen, wou mir gesot hunn: Wa mir wëllen u sech eist mëttelfristegt Objektiv bei der Finanzplanung Enn vun dëser Period erreechen, da wësse mir, dass mir strukturell mussen den Équiliber vun eise Statsfinanze besonnesch ëm Honnerte Millioune verbesseren, sief et duerch Spuermoossnamen, sief et duerch Méieinnahmen.

An dann hätt ech gären déi Debatt Alternativ géint Alternativ, Projet géint Projet. Dat ass dat, mengen ech, wat och d'Leit dobausse verlaangen. Et geet net drëm, ëmmer nëmmen neen ze soen, et muss een och wierklech soen, duerch wat een dat wëllt ersetzen. A bis elo sinn éischter nëmme Virschléi komm vusäite vun der Oppositioun - a besonnesch och vun der CSV -, fir manner Suen ze spueren a respektiv also och den Équiliber éischter nach méi an den Déséquiliber ze drécken, wéi eng Verbesserung vun der Gesamtsituatioun vun den éffentleche Finanzen ze kréien.

Mä wat haut net komm ass…

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Fir fir d'Éischt eppes kënnen ze ersetzen, muss emol eng Propositioun um Dësch leien.

(Interruption)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ah, Dir denkt net eegestänneg. Dir reagéiert just op Propositiounen.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Eng Alternativ, Här Bodry, wéi Dir gesot hutt, ass eppes wat ee mécht, wann een eng Propositioun um Dësch leien huet. Et ass normal, datt d'Regierung Propositioune fir d'Éischt mécht.

(Interruption)

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ma elo leie jo zum Beispill zur TVA Propositiounen um Dësch. Bis elo hunn ech awer nëmmen héieren, wat net soll gemaach gi vun deem, wat proposéiert ass.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Dir hutt virdru vum Budget geschwat.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An dann ass et, mengen ech, och gutt, dass mer dann nach vun der CSV héieren, wat si da bei der TVA amplaz géif maachen, fir en ähnlecht finanziellt Zil ze kréien. Dat ass, mengen ech, déi spannend Diskussioun,…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- …déi mir sécherlech nach wäerte kréie bei der Diskussioun ronderëm de Budget vun 2015. Ech mengen, do ka kee sech méi verstoppen, weder eng Regierung nach eng Oppositioun, an da kucke mir, wat dann do vu Konkretem bei där Diskussioun erauskënnt.

Ech mengen, mir sollten och hei net am Virfeld elo eng Diskussioun féieren iwwer eng Erhéijung vun der TVA; déi ass net Bestanddeel eigentlech vun deem heite Projet de loi. Selbstverständlech, mengen ech, huet d'Regierung do hir Verantwortung iwwerholl. Déi ass an de gréissere Linnen och net verschidde vun deem, wat ënnert der viregter Regierungskonstellatioun och diskutéiert ginn ass an ugedeit ginn ass, zumindest och a Pabeieren, déi op Bréissel geschéckt si ginn am Kader vum „Programme de stabilité et de croissance". Mä et bleift, dass een déi Detaildiskussioun nach muss féieren.

Mir als LSAP-Fraktioun sinn net der Meenung, dass de Stat muss do sinn, fir privat Rendite bei Mietwunnengen ze finanzéieren. Dat ass e bëssen dee System, deen aner Leit schéngt virzeschwiewen. Dat gesi mir net als ideal Situatioun un.

(Brouhaha)

Et bleift awer, dass een deen dote Punkt muss kucken. Notamment kann ech mir virstellen, dass déi Leit, déi sech elo zum Beispill engagéiert hunn an d'Décisioun geholl hunn, fir zum Beispill eng Wunneng ze kafen opgrond vun den alen TVA-Sätz, elo awer - well déi Projeten zwee, dräi Joer daueren, bis se ëmgesat ginn - dann en cours de route déi nächst Tranchë géife mat engem méi héijen TVA-Saz beluecht kréien.

Dat si jo zum Beispill Froen, déi ee muss diskutéieren, wann een iwwert déi nei TVA-Regelunge schwätzt. Ech mengen, do soll een net zou si fir esou Diskussiounen. Mä nach menge mir, dass eigentlech dat, wat bäi Wäitem an deene meeschten européesche Länner üblech ass, dass reduzéiert TVA-Tauxe bei Wunnengen eigentlech nëmme fir soziale Wunnengsbau gëllen, och net ka komplett falsch sinn hei zu Lëtzebuerg, et sief dann, hei géifen d'Auere ganz anescht ticke wéi an all deenen aneren européesche Länner.

Ech wollt nach op eng Fro kommen, wat eigentlech deen zweeten Deel vun deem heite Gesetzestext ugeet. Dat ass net elo européesch gemaach, mä dat ergëtt sech duerch eng Recommandatioun, déi eigentlech d'Médiateure gemaach huet. An do, mengen ech, si mir eis eens. Wann een den Här Roth hei héieren huet, well e mat gewëssener Fermetéit hei eng Positioun vun der CSV vertratt huet, hätt ee gemengt, do wären Divergenzen an der Finanzkommissioun gewiescht. Neen. D'Regierung an d'Finanzkommissioun hu gesot, dat, wat d'TVA ugeet, dass mer net wëllen op de System vun enger Remise gracieuse goen.

Dat ass also net eng Positioun eleng vun der CSV, mä déi - an dat ass aktenkundeg; et brauch een nëmmen de Rapport ze liesen - ass eng gemeinsam gedeelte Positioun. Wéi mer eis awer gemeinsam och gëeenegt hunn, dass dee System vun der Déchéance, wéi en haut besteet en matière de TVA, dass deen an eenzelne Fäll kann zu relativ dramatesche Situatioune féieren, wou een dann net méi eigentlech do erauskënnt, opgrond vun aktuellen Texter, an duerfir d'accord waren, wéi d'Médiateure et och proposéiert huet, fir e Relevé des déchéances och hei bei där TVA-Regelung anzeféieren.

Dat gesot, wäert d'LSAP-Fraktioun deen heiten Text stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter vun deene Gréngen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol Merci un de Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass haut scho ganz vill gesot ginn. Duerfir wäert ech net nach eng Kéier alles widderhuelen. Doriwwer eraus ass dat heiten e Projet de loi, wou net nëmmen haut scho vill driwwer geschwat ginn ass, mä ech denken, et war kaum an deene leschte Joren e Projet de loi, bei der Emsetzung vun enger Direktiv, wou schonn esou vill diskutéiert ginn ass, wéi bei dësem, dee mer haut stëmmen. An duerfir erlaabt just e puer kleng kéng oder pertinent oder vläicht souguer kritesch Remarquë vun onser Säit zu där ganzer Situatioun, déi mer och elo verloossen.

Éischtens: Mir hunn zolidd Recettë gemaach déi lescht Jore mat deem heite Phenomeen. Mir wëllen awer soen, datt et och einfach verdéngten, eigentlech keng erschaffte Sue waren. Si waren einfach do a si si spéitstens Enn 2018 alleguerten net méi do. An dat si ronn eng Milliard Euro, dat sinn ongefëier 7% vum Budget. Dat ass net näischt. An dat wäerte mer och ganz zolidd spieren, an et wäert och net einfach ginn, déi ze kompenséieren.

Zweete Punkt: Dës elo gläich al TVA-Regel, vun där mir zu Lëtzebuerg ebe profitéiert hunn, ass keng Steiernisch gewiescht, déi Lëtzebuerg sech iergendwéi erschlach hätt, mä et ass eigentlech d'Resultat vun enger awer dach net allze glorräicher Steierkonkurrenz, wou nach ëmmer ee Land probéiert, dat anert auszestiechen, notamment och an der EU. A vläicht gouf et och deemools esou geregelt, well déi grouss Länner vläicht gehofft haten, dovunner ze profitéieren.

Mir Gréng waren nach ëmmer éischter skeptesch zu esou Regelungen a sinn der Meenung, datt esou ee System vu Steierkonkurrenz an der EU muss a Fro gestallt ginn. De Gros vun de State kënnen duerch esou Steierkonkurrenzen

nëmmen derbäi verléieren, ergo virun allem och hir Bierger.

Eng kleng Remarque wëll ech nach zum zweete Punkt maachen. Et muss ee jo och soen, d'TVA ass jo eng Form vu Steier, déi de Konsument bezilt an déi de Betrib duerchreecht un de Stat. Et ass also och keng richteg Betribsbesteierung.

An obwuel mir sécherlech vill Suen aus deem elektroneschen Handel akasséiert hunn, esou sinn et dach awer oft genau déi Betriber aus dem elektroneschen Handel gewiescht, déi séier wéineg Betribsbesteierung bezuelen, well si et fäerdegbréngen, iwwer verschidde Weeër, op legalem Wee - ech ënnersträichen, op legalem!; awer vläicht net ëmmer grad ethesch korrekt Manéier -, hir Steierlaascht op e Maximum ze reduzéieren. Wa mer also wéilten esou enger Form vu Steierdumping tëschent de Länner en Enn setzen, da kéint dat hei elo e gudden Usaz sinn.

Drëtte Punkt: Et ass zënter 2008, a wa mer ganz éierlech sinn, ass et jo schonn zënter 2006 gewosst, datt dës Recetten à terme wieren. Et ass du schonns gewosst gewiescht, datt mer am Joer 2015/2016 70% vun deem Akommes wäerte verléieren, an dann 2017, Enn 2018 zu 85% dovunner verléieren. An duerno ass alles fort. 2015 gëtt also e schwieregt Joer fir ons all.

D'Recettë sinn all déi Joren net am Budget neutraliséiert ginn. Et ass och keen Zukunftsfong geschafe ginn. Et ass souguer net am Budget selwer u kloer Dépensë gekoppelt ginn, déi an der Zäit begrenzt gi wieren. An duerfir fannen ech et awer, an ech muss dat och am Numm vun der grénger Fraktioun soen, e bëssen einfach, fir stolz hei opzetrieden an ze soen, an duerfir hate mer den 31.12.2013 keen Defizit. Ech muss lech soen, Här Roth, déi do Regierung, déi huet elo déi fënnef Joer déi Charge, fir genau deen dote Mëssel erëm an de Gréff ze kréien.

Véierten a leschte Punkt: Mir erkenne souwuel dem Finanzministère wéi och der Steierverwaltung hire groussen Asaz un, fir deen „mini one-stop shop" esou attraktiv wéi méiglech ze maachen an esou vill wéi méiglech dës grouss elektronesch Handelsrisen zu Lëtzebuerg ze halen. Dat ass sécherlech keng einfach Missioun. A mir wëssen och net, ob dat hinnen och nach esou wäert geléngen. Op alle Fall wënsche mir hinnen eng glécklech Hand dobäi a mir wäerte selbstverständlech dëse Projet matstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen vun der ADR.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Guy Arendt Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport iwwert dëse Projet, wat eng Transpositioun ass vun enger Direktiv aus dem Joer 2008 iwwer eng Ännerung vun de Bestëmmungen am Zesummenhang vun der TVA, méi bekannt ënnert dem Begréff „E-Commerce".

Et ass dëst e wichtege Projet, wéi d'Madame Loschetter elo scho grad gesot huet, wou mer am Fong schonn iwwer Méint a Joren driwwer diskutéieren, och iwwert d'Konsequenze vun där Direktiv, wat d'Lëtzebuerger Statsfinanze betrëfft, diskutéieren. An haut soll dann eben elo dëse Projet oder dës Direktiv ëmgesat ginn.

Mir befannen eis hei an europäeschem Recht, mir befannen eis an de Steierfroen, an do ass laut den europäesche Verträg d'Eestëmmegkeet verlaangt zu Bréissel am ECOFIN, fir datt esou eng Direktiv kann ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg huet och vu sengem Vetorecht an dësem Dossier ëmmer Gebrauch gemaach, an zwar bis zum 4. Januar 2008, wou den deemolege Stats- a Finanzminister, den Här Jean-Claude Juncker, a Begleedung vum Wirtschaftsminister, dem Här Jeannot Krecké, noginn huet.

Dräi Wochen do virdrun, den 12. an den 13. November 2007, huet d'Lëtzebuerger Regierung nach am ECOFIN nee gesot zu där Direktiv, an ech zitéieren, wat den Här Juncker, wéi gesot, den 12. an 13. November 2007 am ECOFIN gesot huet: «Aucun ministre des finances ne renoncerait à 1% de son PIB pour faire plaisir aux autres», a déclaré Jean-Claude Juncker lors de la réunion du Conseil. «Le Luxembourg s'oppose à cette réforme parce que les recettes de TVA liées aux activités dans ce secteur nous rapportent l'équivalent d'1% de son PIB.»

Dat, wéi gesot, war den 13. November am ECOFIN. An dräi Wochen duerno huet den Här Juncker am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung zougestëmmt. En huet zougestëmmt, fir datt déi Direktiv, obschonn näischt geännert huet, obschonn nach ëmmer deen 1% vum PIB, haut sinn et der méi, obschonn deen nach ëmmer verloschteg war fir eis Ekonomie, an en huet gesot, well mer e Kompromëss fonnt hunn, eng Iwwergangsregelung iwwer véier Joer, wou mer net esou haart getraff ginn, wéi dat an Aussiicht gestallt ginn ass.

Mä wann een dee Kompromëss kuckt, dann ass dat e ganz bëllege Kompromëss fir déi aner Länner, awer en deiere Kompromëss fir Lëtzebuerg. Well wann déi Direktiv elo a Kraaft trëtt den 1. Januar, da verléiere mer direkt vum éischte Joer un op d'mannst 70% scho vun deem E-Commerce, dee mer erakritt hunn, an iwwert déi véier Joer duerno geet dat op 15 respektiv op 0% erof.

Et ass hei virdru scho genannt ginn, ech wëll déi Chifferen nach eng Kéier duerfir soen, déi eis vun der Direktioun vum Enregistrement am Kader vun de Budgetsdebatte virgeluecht gi sinn: 2015 verléiere mer 627 Milliounen, 2016 737, 2017 geet et iwwer eng Milliard an 2018 geet et op 1,2 Milliarden. Dann ass alles fort.

Mir mussen also wëssen, wa mer dee Projet haut hei stëmmen - Här President, d'ADR wäert en net stëmmen -, wa mer dëse Projet stëmmen, ass dat deen deierste Projet, deen dëst Parlament jeemools gestëmmt huet.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dee Projet hei kascht de Lëtzebuerger Budget all Joers, net nëmmen eng Kéier, mä all Joers eng Milliard an der Zukunft. Et ass also deen deierste Projet, dee mir mat Ofstand jeemools hei am Parlament gestëmmt hunn, well de Verloscht vun de Steieren op iwwer eng Milliard am Joer 2018 eropgeet an all Joers duerno erëmkënnt.

An dann diskutéiere mir hei net, ob eis Regierung do wierklech hir Roll gespillt huet deemools zu Bréissel an ob se do wierklech d'Interesse vu Lëtzebuerg vertratt huet, oder ob net vläicht Leit, déi gären an Europa gutt Posten haten a gutt Poste wëlle kréien, ech schwätzen hei vum Här Juncker, ob dat doten net vläicht de Präis ass fir dat. Wann een an Europa wëllt Mister Euro sinn, wann ee wëllt Kommissiounspresident ginn oder vum Conseil President ginn, dat gëtt een doudsécher net an Europa, wann een d'national Interesse virun déi europäesch Interesse setzt.

Déi lescht Regierung huet déi europäesch Interesse virun déi national Interesse gesat, an duerfir kritt en dann och vläicht als Merci e Posten elo an der Europäescher Kommissioun als President.

Et huet nach ni e Land missen esou vill bezuelen, fir datt ee vun hire Leit e wichtege Posten zu Bréissel kritt huet, wéi dat hei d'Lëtzebuerger Land muss maachen. Dat hei kascht, de Poste vum Här Juncker zu Bréissel, dat kascht de Lëtzebuerger Steierzueler an deenen nächste Jore Joer fir Joer eng Milliard, déi elo d'Leit musse bréngen, sief et iwwert d'TVA-Erhéijung, sief et iwwer sozialen Ofbau, sief et beim Kannergeld, bei de Pensiounen, bei de Chèque-servicen oder egal wou. Alles dat kënnt op eis elo zou, well mer déi eng Milliard pro Joer verléieren.

An do kënne mer eisem Ex-Premier, dem Här Juncker, villmools Merci soen, datt hien dat hei fir dëst Land gemaach huet an datt d'Lëtzebuerger Regierung net higaangen ass a se hätt vun hirem Vetorecht... - well dat hei war keng Steiernisch, hei ass kee Schwaarzgeld an näischt gemaach ginn.

Hei war einfach en europäescht Recht, wat mer applizéiert hunn a wat gang und gäbe och nach an deenen aneren Domäner vun der TVA applizéiert gëtt. Et si jo elo just den E-Commerce an déi, wat dorunner hänkt, déi mer elo an der TVA-Bestëmmung ëmdréien. Mä all de Rescht bleift nach alles ënnert der aler Réglementatioun bestoen. Et ass just an deem Domän, wou mir als Lëtzebuerger Geld verdéngt hunn, wou elo déi europäesch Direktiv, op Drock vun deene grousse Länner, huet misse geännert ginn a wou d'Lëtzebuerger Regierung da kapituléiert huet an net vun hirem Vetorecht Gebrauch gemaach hat, wou se hätt kënnen, da wier déi Direktiv hei ni zustane komm.

Duerfir muss ee wëssen, wann een haut dëser Direktiv zoustëmmt, da muss ee wëssen, datt do dermat dem Lëtzebuerger Stat iwwer eng Milliard d'Joer verluer geet, an et muss een och wëssen, datt dat d'Lëtzebuerger Bierger Joer fir Joer an der Zukunft musse bezuelen.

Mä et muss ee sech och d'Fro stellen: Wat huet nach eng national Souveränitéit fir e Recht? Wann e Statsminister, e Finanzminister zu Bréissel enger Direktiv zoustëmmt, an da gëtt gesot: Elo kritt Der déi Direktiv an elo musst Der déi ëmsetzen!, wat fir eng Roll spillt d'Parlament dann nach hei?

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Firwat? Well mer mengen, dat wier net richteg, dat werft eis Statsfinanze wierklech op d'Kopp. Ma da kommt, mer stëmme se net! Mir loossen et drop ukommen. Mir soen, mir sinn e souveränt Land, mir sinn e souveränt Parlament, an och, wann de Statsminister elo zougestëmmt huet, mir stëmmen déi Direktiv net!

Ech weess, datt een Obligatiounen huet, datt ee se da muss stëmmen.

M. le Président.- Här Gibéryen, erlaabt Der, dass den Här Roth...?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech géif gär meng zéng Minutte fäerdeg maachen, well déi leschte Kéier hunn ech och Froen zougelooss, herno hunn ech zéng Sekonnen duerfir bäikritt. Den Här Roth ka jo, en huet nach Zäit Rescht, e ka jo nach herno eropkommen.

Op jidde Fall, hei soe mir ganz kloer, an ech si jo net eleng, oder mir als ADR si jo net eleng, déi géint déi Direktiv hei stëmmen. Déi eminent Politikerin vun der CSV, déi net méi op d'Europalëscht komm ass, d'Madame Lulling, déi huet am Europaparlament géint déi Direktiv hei gestëmmt.

Une voix.- Bravo!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- A se huet geschriwwen - se huet hiren Nee schrëftlech motivéiert; dat kann een am Europaparlament maachen -: «La prise en compte du lieu de consommation va à l'encontre des principes qui régissaient jusqu'à une date récente le système de TVA applicable au niveau communautaire. Après l'épisode peu glorieux de la directive sur les services, la nouvelle remise en cause du principe du pays d'origine concernant cette fois la TVA applicable aux prestations de services serait un pas supplémentaire dans la mauvaise direction. J'ai donc voté contre.»

Dat heescht, d'Madame Lulling huet de Courage gehat, fir dergéint ze stëmmen, wou den Här Juncker zougestëmmt huet. An duerfir ass d'Madame Lulling och vläicht net op der Lëscht vun der CSV fir d'Europawahlen an den Här Juncker ass Spëtzekandidat fir de Poste vun der EU.

(Brouhaha)

Dat heescht also, een, deen d'national Interesse vertrëtt, dee gëtt écartéiert, an deen d'Lëtzebuerger Interessen zugonschte vun europäeschen Interessen, vun Interesse vun anere grousse State vertrëtt, dee gëtt gelueft.

Mir wëllen also domadder ganz kloer soen, datt mir als ADR dëser Direktiv net wäerten zoustëmmen. Mir gi prinzipiell keng Souveränitéitsrechter of. Hei hate mer d'Recht, fir e Vetorecht ze gebrauchen. Déi lescht Regierung huet hei net déi national Interesse verdeedegt, mä fir en héijere perséinlechen Interessi huet se dëst akzeptéiert.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Wiseler wéinst...

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Ech wëll just an engem Saz awer eng Remarque drop maachen iwwert déi inakzeptabel a populistisch Aart a Weis, wéi hei ugefaange gëtt Propaganda ze maachen iwwer e Sujet.

(Interruptions et hilarité)

Den Här Juncker huet, an dat hu mer oft hei am Parlament diskutéiert, deen do Dossier op eng Aart a Weis traitéiert, déi am beschte fir d'Land war. An duerfir wëll ech net an d'Detailer agoen. Mä ech fannen dat do einfach an dëser Zäit extrem populistesch, wéi hei geschwat gëtt, Här Gibéryen.

M. le Président.- Ech hu mer erlaabt, dem Här Wiseler d'Wuert ze ginn, well deejéinegen, deen en cause war, net präsent war, fir kënnen de Fait personnel ze invoquéieren.

(Hilarité)

An engem Saz huet den Här Wiseler dat gemaach. D'CSV hat iwwregens nach Riedezäit. Ech géif elo d'Wuert un deen nächste Riedner weiderginn, den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. An deem Dossier hei geet et eigentlech ëm zwou Saachen. Et geet ëm de Fong an et geet ëm d'Konsequenzen.

Wat de Fong ugeet, mengen ech, ass et richteg, datt eng Konsumentesteier do erhuewe gëtt, wou konsuméiert gëtt. Dat nämlecht misst eigentlech och geschéie bei den direkte Steieren, déi do missten erhuewe ginn, wou de Mehrwäert produzéiert gëtt. Mä hei ass emol ee Schrack, an ech hoffen, datt deen aneren och eng Kéier kënnt.

D'Konsequenz dovunner ass awer déi, déi hei elo des Laangen an des Breede beschriwwe ginn ass, nämlech déi vum Ausfall vun de Recetten. An ech soe ganz kloer, de Stat brauch déi Recetten. De Stat, fir seng Aufgaben ze erfëlle vun ëffentlecher Déngschtleeschtung, vun Infrastrukturen a vu sozialem Ausgläich, brauch déi Suen, fir kënnen ze fonctionnéieren, an am Intérêt och vun deene Leit, déi net esou vill hunn a sech net alles selwer kënne leeschten, ze fonctionnéieren.

A wann hei gesot ginn ass vun engem vun de Virriedner, d'Regierung hätt kee Plang B gehat, esou ass dat wahrscheinlech och richteg. Et ass sécher och richteg. Mä de Plang A vun där neier Regierung, deen huet awer wäitgehend an déif Konsequenze fir d'Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen, an net déi, déi am Ausland konsuméieren. Wa mer déi 1,1 Milliarde géifen ausgläichen duerch d'TVA-Erhéijung, wat d'Regierung net wëllt, da misst all Stot zu Lëtzebuerg all Joers 5.500 Euro méi bezuelen.

Wann och nëmmen, an dat ass jo éischter schonn dat, wat d'Regierung wëlles huet, 700.000 Euro géife missen ausgeglach ginn, kompenséiert ginn, da kascht dat all Stot zu Lëtzebuerg all Joers an der Moyenne 3.500 Euro.

An dat, wat mech besonnesch schockéiert huet an där Diskussioun, wéi mer hei beim Budget driwwer geschwat hunn, och bei der Lag vun der Natioun, ass dat, datt de Premier gesot huet, en Ausgläich fir Familljen, déi Schwieregkeeten hätte mat wéinegem Akommes, kéim net a Fro. Ech fannen dat d'autant méi schockant, wou hei geschwat gëtt iwwert déi, déi elo scho Schwieregkeeten hunn, fir um Enn vum Mount d'Enne beieneen ze kréien, an ech fannen et gradesou schockant, datt LSAP a Gréng bis elo net dorobber reagéiert hunn.

Well de President mech awer gefrot huet, fir meng Interventioun an zwee ze deelen, well de Finanzminister wierklech muss säi Fliger huelen, wat ech och respektéieren, wëll ech just elo op d'Motioun agoen, op déi aner Froen dann duerno zréckkommen, esou wéi ech dat proposéiert kritt hunn.

An eiser Motioun steet dran, datt d'Konsequenze vun der TVA-Erhéijung net kënnen net kompenséiert ginn, an ech mengen an ech hoffen, datt mir eis heibannen eens sinn, datt mindestens partiellement oder zu engem gréisseren Deel mussen nei Recettë gesicht gi fir de Stat.

Mir invitéieren awer d'Regierung, fir zesumme mat de Sozialpartner no Alternativen ze sichen zu enger Erhéijung vun der TVA, a mir hätte gären, datt, egal wéi d'Léisung ausgesäit, se sozial gerecht soll gestalt ginn.

Ech géif dann opgrond vun der Propositioun vum President, nodeem datt de Minister konnt Positioun huelen, duerno op déi aner Aspekter zréckkommen.

Motion 1

Vu les pertes pour l'État luxembourgeois résultant des conséquences de la transposition en droit luxembourgeois de l'article 5 de la directive 2008/8/CE du Conseil du 12 février 2008 concernant la T.V.A.;

vu la nécessité de compenser celles-ci, au moins partiellement, par d'autres recettes au bénéfice de l'État à partir du 1.1.2015;

la Chambre des Députés

invite le Gouvernement

à se concerter avec les partenaires sociaux sur des solutions alternatives à une augmentation des taux de la T.V.A.;

à assurer le caractère socialement juste de toute alternative.

(s.) Justin Turpel, Serge Urbany.

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. An ech ginn dann direkt d'Wuert dem Finanzminister, fir op d'Debatt ze äntwerten an et nach fäerdegzebréngen, fir de Fliger en vol ze kréien.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Merci, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, dass mir den Débat ganz e bësse konnten accéléréieren; ech muss effektiv a véierzeg Minutten e Fliger fir London huelen.

Ech soen lech alleguerte Merci fir den Débat, an ech soen dem Guy Arendt fir d'Éischt gär Merci als Rapporteur fir déi Aarbechten, déi hie sech gemaach huet, an och fir säi Rapport haut hei.

Ech wëll dee Sujet hei guer net polemesch ugoen. De Sujet ass grav a schlëmm genuch a wäert eis alleguerten déi nächst Jore beschäftegen. Wéi richteg gesot ginn ass: Déi Pertë vun der TVA, déi sinn durabel, déi kréie mir net erëm, an déi Sue si fort. Mir mussen ëmdenken. Dat ass eng Nisch, déi verschwënnt, an dat kascht ganz vill Geld.

Mir wëssen, dass de Minimum, dee mir verléieren 2015, wäert ëm 600 Millioune leien, mä

dat ass net ganz sécher, well et hänkt jo dovunner of, ob déi puer grouss Firmaen heibleiwen an der Période transitoire, a mir wëssen, dass mir zum Schluss 1,1 Milliarde wäerte verléieren. Also egal wéi et geet, d'Perte wäert considérabel sinn.

Ech wollt just der Chamber hei soen, dass ech déi lescht Méint vill Kontakt hat mat deene Firmaen, fir se ze berouegen, fir alles ze maachen, fir dass se solle wéinstens an der Période transitoire heibleiwen. Ech war och duerfir am Mäerz zum Deel verschiddener vun deenen Entreprisen a Kalifornien besichen, an, loosse mer soen, ech sinn net ze vill pessimistesch, dass e gudden Deel vun deene wäert bleiwen, mä ob si déi ganzen Zäit bleiwen, wësse mer net.

Ech géif och gären ënnersträichen, dass dat heiten effektiv den Élément déclencheur ass, firwat mer mussen e Budget de nouvelle génération maachen, well d'Enjeuen, déi mir hei hunn, esou grouss sinn, an et geet net duer mat spueren; et geet net duer mat traditionelle Mesuren. Et muss een eben de Budget nei oprullen an et ass och duerfir, dass d'Regierung dat wëllt maachen.

Mir hunn als gréisst Mesure bei der Recettësäit ugemellt, dass mir jo géifen d'TVA erhéijen, an de Rescht oder de Gros vum Rescht gëtt mat enger Reduktioun vun Depensë gemaach.

Ee Wuert awer dann zu der Augmentation de TVA vun 2%. Dat gëtt jo gemaach op allen Tauxen, mat Ausnahm vum Taux super-réduit, dee bei 3% bleift. Ech hu festgestallt, dass déi gréissten Oppositiounspartei dat jo och begréisst, well se dat och selwer virgeschloen hat, déi Augmentation de TVA. An ech fannen et och gutt, dass d'CSV deen heite Projet de loi wäert matstëmmen.

Ech wëll elo net an d'Detailer goe vun der Problematik vun deene verschiddenen Aspekter vun der Augmentation de TVA, ënner anerem deen iwwert de Logement locatif, well mir kréie Geleeënheet, wann d'Gesetz bis déposéiert gëtt, fir do d'Argumenter alleguerten ze échangéieren.

Ech sinn och gefrot ginn, wéi vill dass dat géif abréngen, déi zweet Residenz, wann déi net méi dem Taux vun 3% ënnerluecht wier. Dat hänkt ganz vum Perimeter of, deen ee sech do gëtt. Wann een zum Beispill sozial Wunnengen an aner Wunnengen eraushëlt, da changéiert déi Ziffer. Le moment venu, wa mer de Gesetzestext wäerten déposéieren, da wäerte mer natierlech de Chiffrage maachen.

Et sinn och Froe gestallt ginn iwwert d'Réforme fiscale, déi wéi gesot jo eréischt an e puer Joer wäert kommen. Mir fänken elo eréischt un, drop ze schaffen. Dat Eenzegt, wat ech lech elo ka soen, wat d'Réforme fiscale ubelaangt, dat ass, dass et eng breet gëtt, dass se équilibréiert wäert sinn, dass se wäert Solidaritéitssënn hunn an dass se dann eben net nëmmen op verschidde Mesurë ka gekuckt ginn. Dat gëtt och e globale Paquet.

Dat wär, wat ech wéilt zum Projet soen, zum éischte Volet.

Zum zweete Volet, deem vun dem Délai vun dräi Méint fir d'Bezuelen oder fir d'Contestéiere vun der TVA. Ech mengen, do hu mir och e gewëssene Konsensus, dass mir do net sollen e Recours gracieux erlaben, well d'TVA eng aner Steier ass wéi d'direkt Steieren. An duerfir hu mir jo als Kompromëss proposéiert, dass nëmmen an Härtefäll deen Délai kéint verlängert ginn. Dat schéngt mir eng équilibréiert Solutioun.

Als Konklusioun zu dësem Débat wëll ech soen, dass et e bëssen e Lancement ass vun der ganzer Iwwerleeung vun der Augmentatioun vun der TVA, déi an e puer Woche wäert hei déposéiert ginn, an do wäerte mir d'Geleeënheet kréien, fir all d'Argumenter ze échangéieren.

Ech soen lech alleguerte Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Pierre Gramegna. Ech ginn dovun aus, dass hien och zu der Motioun Stellung geholl huet. Ech géif dann d'Chamber bieden ëm Versteesdemech, wann de Finanzminister eis verléisst, mä ech géif den Här Turpel bieden, dann den zweeten Deel vu senger Interventioun virzedroen.

Jo?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Entschëllegt. Wann Dir wëllt, Här President, kann ech e Wuert zur Motioun soen.

M. le Président.- Wann Der esou léif wëllt sinn.

Motion 1

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Entschëllegt, ech hat mat der Madame Maggy Nagel ausgemaach, dass si et kéint soen, mä ech kann dat awer och elo schonn am Viraus soen, dat ass vläicht méi korrekt par rapport zum Här Turpel.

M. le Président.- Dat mengen ech och.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Et ass an der Rei, da maachen ech dat vun hei aus. Ech huelen d'Propositioun zur Kenntnis, mä an den Ae vun der Regierung gëtt et keng Alternativ zur Erhéijung vun der TVA. De Problem läit grad an der TVA. Et ass do, wou mir d'Perte hunn, a mir kompenséieren doduerch, dass mer d'Augmentation de TVA ëm 2 % maachen, kompenséiere mir et nëmmen zu engem Drëttel oder zu engem Véirel. Also, dat ass, mengen ech, nach ganz räsonabel. A mir versichen, de Rescht jo iwwer Réductions de dépenses ze maachen, gréisstendeels. Duerfir gesinn ech keng Alternativ.

Wat de Punkt ubelaangt vun der Concertatioun mat de Partenaires sociaux, do sinn ech ganz d'accord, dass dat soll gemaach ginn, an d'Partenaires sociaux, dat huet d'Regierung an de Premierminister och gesot, wäerte consultéiert ginn an deem ganzen Exercice, dee mir amgaang sinn, an der Regierung ze maachen, wou mir jo e ganze Paquet wäerte schnüren, deen op de Budget de nouvelle génération débouchéiert. Dat wäert am Summer geschéien an do wäerten d'Partenaires sociaux consultéiert ginn.

An där Hisiicht kann ech den honorabelen Deputéierte rassuréieren, dass do Concertatioun wäert sinn. Voilà.

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister, an den Här Turpel huet d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci. Do, wou ech virdrun opgehalen hunn, dat war, fir kloerzestellen, wat dat, wat d'Regierung wëlles huet mat der TVA-Erhéijung, ob dat elo ee Véirel ass oder een Drëttel vum Ausfall, wat dat all Familljen zu Lëtzebuerg kascht. Ech hunn lech ausgerechent: Bei 700.000 Euro, déi géife kompenséiert ginn, wieren dat 3.500 Euro, déi all Stot all Joers misst bäileeën.

Wou ech haaptsächlech wollt Wäert drop leeën, dat ass eben dat, fir ze soen, datt et Alternative gëtt! Dat soen net nëmme mir, mä dat soe grad d'Sozialpartner. Grad d'Gewerkschaften an hiren Avisen hunn drop higewisen - an ech mengen, datt d'LSAP an déi gréng deem och solle Rechnung droen an hire Stellungnahmen -, hunn drop higewisen, datt et wierklech Alternative gëtt zu enger TVA-Erhéijung, déi eben als Erhéijung vun enger indirekter Steier déi ongerechtste Steier ass, déi ee ka maachen.

Ech wëll op zwee Elementer hiweisen. Dat éischt Element, op wat ech wëll hiweisen, ass dat, wat ech lech scho gesot hat bei de Budgetsdiskussiounen: Zu Lëtzebuerg ass den Undeel vun deene Leit, déi schaffe ginn, vun de Salariéen um geschafene Mehrwäert an der Moyenne zéng bis 15% méi niddreg wéi an deene Länner ronderëm. Eleng dat, wann de Loun zu Lëtzebuerg méi gerecht wier, hätten d'Salariéen doduerjer all Joers véier bis sechs Milliarde méi zur Verfügung a géifen dorobber hir Steiere bezuelen, déi méi héich sinn - an dat ass deen zweete Volet -, wéi d'Steieren um Kapital.

Déi véier bis sechs Milliarden, déi d'Salariéen net kréien, déi bei d'Kapital ginn, déi ginn do relativ niddreg besteiert. An dat ass deen zweeten Aspekt vun Alternativen, dat ass deen, datt d'Steierongerechtegkeet tëschent deene Leit, déi schaffe ginn a Steiere bezuelen, an de Kapitalbesëtzer, datt déi konstant zougeholl huet. Konstant zougeholl huet!

A wann een do nach eppes ännert, dat sinn d'Méiglechkeeten, dat sinn d'Alternativen, op déi d'Gewerkschaften hiweisen, déi sech opdinn zu enger ongerechter Erhéijung vun der indirekter TVA, esou wéi se hei geplangt ass.

Ech wëll elo net weider op aner Punkten agoen. Aus där Ursaach misst eigentlech, mat deem Zousaz, deen de Minister gesot huet, misst eigentlech jiddwereen hei kënne fir déi Motioun stëmmen, déi mer virgeluecht hunn.

Ech wëll awer nach op een zweete Punkt agoen. Dat ass dat, wat virdrun hei ugedeit ginn ass iwwer Europa. Ech mengen net, datt et just d'Saach ass vu Posten an Europa, firwat datt et zu Lëtzebuerg de Leit schlecht geet. Ech mengen, et geet de Leit zu Lëtzebuerg gradesou schlecht, wéi a villen anere Länner, an d'Politik, déi zu Lëtzebuerg gemaach gëtt an där Hisiicht, ass déi nämlecht Politik wéi déi, déi an Europa gemaach gëtt. An dat ass eng Politik, déi dee falsche Wee ass.

Dat ass eng Politik, grad déi Politik huet dozou gefouert, datt, net nëmme wat d'Krisebewältegung ugeet, mä och wat aner Mechanismen ugeet, et zu enger Ëmverdeelung komm ass a ganz Europa, déi mat sech bruecht huet, an ech mengen, Dir misst d'Chiffere bal kennen, datt déi, déi wierklech Suen hunn, ëmmer méi Sue kréien, an déi, déi manner hunn, ëmmer manner kréien.

Egal ob mer déi iewescht 5% vergläiche mat deenen ënneschte 5% oder ob mer déi iewescht 10% vergläiche mat den ënneschten 10%, déi iewescht 30% mat deenen ënneschten 30%, déi Ënnerscheeder si gewuess - ech hunn d'Chifferen och eng Kéier hei gesot gehat -, souguer méi staark gewuess wéi an de Länner ronderëm, mä generell an Europa gewuess.

An dorunner schold, d'Ursaach dovunner, d'Ursaach dovunner, déi ass faassbar, dat ass de Lobbyismus vu grousse Multien a Finanzgesellschaften, déi an Europa gräift. Dat huet vläicht eppes mat Posten ze dinn, mä dat huet haaptsächlech mat Politik a mat Lobbyismus ze dinn. Dat huet eppes ze di mat Muecht.

Wien übt d'Muecht an Europa aus? Dat ass, wie bestëmmt, wat an Europa geschitt.

An dorunner ännere mer näischt doduerch, datt mer eis op national Grenzen zréckzéien an erëm nei Grenzen opriichten. Dorunner ännert sech eppes doduerch, datt mer eng aner europäesch Politik maachen! An net duerch een Zréckzuch, duerch e Réckzuch op eis eege Grenzen. Duerch eng aner Europapolitik, mat där mer et fäerdegbréngen, eng europäesch Mindestbesteierung, eng Mindeststeier an Europa anzeféieren, mat där mer et fäerdegbréngen, d'Benefisser emol korrekt ze erfaassen a wie se hëlt, mat där mer Mindestléin an Europa kënne maachen.

Dat brénge mer fäerdeg mat méi Matsproocherecht fir d'Bierger, fir d'Zivilgesellschaft, mat méi Matsproocherecht fir d'Europaparlament, mat méi Matsproocherecht fir déi national Parlamenter.

An dat ass eng Aufgab, an domadder halen ech op, déi och op d'national Parlamenter wäert zoukommen, ganz anescht wéi bis elo, déi ganz aneschters wéi bis elo muss wouergeholl ginn, nämlech am Virfeld vun den europäeschen Diskussioune matschwätzen, fir der Regierung, ier se op Bréissel geet,…

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

…der Regierung, ier se op Bréissel geet, mat driwwer ze diskutéieren, wat hire Mandat ass, an do op eng demokratesch Aart a Weis eng Décisioun ze huelen. Awer och herno, wa mer consultéiert gi bei der Ëmsetzung, ech fannen dat eng relativ Katastroph, wéi iwwerflächlech dat an dëser Chamber geschitt.

An ech mengen, déi Chamber hei muss Efforte maachen an nächster Zäit, fir op eng ganz aner Aart a Weis déi europäesch Dossieren ze behandelen. Dat betrëfft d'Chamber en tant que tel, dat betrëfft déi politesch Gruppen an et betrëfft natierlech och d'Ressourcen, déi mer brauchen, fir dat iwwerhaapt kënnen ze maachen. Well ouni uerdentlech Ressourcë wäerte mer dat net fäerdegbréngen. Mä dat ass d'Aufgab, déi op eis zoukënnt, an net just, sech an eist Schleekenhaischen an national Grenzen zréckzezéien.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Domat wär eis Diskussioun ofgeschloss a mer géifen zum Vote iwwert den…

(Interruption)

Ah, den Här Claude Wiseler freet d'Wuert.

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Jo, ech wollt just awer kuerz motivéieren, firwat mer déi hei Motioun net stëmmen. Aus deem ganz einfache Grond, well et ganz kloer ass, datt déi Augmentatioun vun der TVA vun eiser Partei och virun de Wahlen ugekënnegt ginn ass an datt mer och do hannendrustinn, ausser deem Deel, deen d'Augmentatioun vun der zweeter Wunneng ugeet. Wann natierlech hei gefrot gëtt, datt muss diskutéiert gi mat de Sozialpartner, fënnt dat och eis Zoustëmmung. Mir kënnen awer evidenterweis dës Motioun net stëmmen.

M. le Président.- Den Här Wiseler war senger Zäit viraus. Mir wollten elo just iwwert den Ensemble vum Projet ofstëmmen. Et ass awer kee Problem; wat gemaach ass, ass gemaach. Mir géifen also zu der Ofstëmmung

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

d'Chamber online op

www.chd.lu

iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6642 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6642 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6642 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Félix Eischen), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

Une voix.- Neen!

(Assentiment)

M. le Président.- Et ass eng iwwerzeegend Majoritéit,…

(Hilarité)

Une voix.- Iwwerzeegend net!

M. le Président.- …déi Jo seet.

Mir géifen dann zur Motioun iwwergoen, déi ech als genügend motivéiert ugesinn. D'Regierung huet och Stellung bezunn.

Wéllt nach eng vun de Fraktiounen dat maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

De Vote ass ofgeschloss an d'Motioun ass ofgelehnt mat 54 Nee-Stëmmen, géint 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Voilà, da géife mer zum nächste Projet oder zum viregte Projet, wéi et besser géif heeschen, iwwergoen. Dat ass de Projet 6643, eng Konventioun iwwer eng géigesäiteg administrativ Hëllef am Fiskalberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den Här Guy Arendt, den honorabele Rapporteur, huet d'Wuert.

12. 6643 - Projet de loi portant approbation de la Convention concernant l'assistance administrative mutuelle en matière fiscale et de son protocole d'amendement, signés à Paris, le 29 mai 2013 et portant modification de la loi générale des impôts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, dëse Projet de loi ass de 6. Januar vun dësem Joer vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm d'Approuvéiere vun, éischtens, enger Konventioun iwwert déi géigesäiteg Verwaltungshëllef am Steierberäich an zweetens vum zousätzlechen Ännerungsprotokoll, déi alle béid den 29. Mee 2013 zu Paräis vu Lëtzebuerg ënnerschriwwe goufen an Ännerungen um allgemenge Steiergesetz virgesinn.

D'Beruffskummer huet hiren Avis den 30. Januar 2014 eraginn, an d'Aarbechterkummer de 6. Februar 2014. De 25. Mäerz huet de Statsrot sech de Gesetzesprojet ugekuckt a säin Avis dozou ofginn. An den 22. Abrëll huet d'Cofibu sech mam Gesetzestext ausenanergesat an den Avis vum Statsrot diskutéiert. De schréftleche Rapport ass den 29. Abrëll an der Kommissioun ugeholl ginn.

Här President, ech gi kuerz op déi Konventioun an den Ännerungsprotokoll an, déi duerch dëse Gesetzesprojet approuvéiert solle ginn. D'Konventioun ass souwuel vum Conseil de l'Europe an der Organisatioun fir déi wirtschaftlech Kooperatioun an Entwécklung - OCDE - ausgeschafft ginn. Et geet heibäi ëm d'Transparenz an ëm den Informatiounsaustausch, wat d'Steieren ugeet, mat dem Zil, eng gréisser Zesummenaarbecht tëschent den Autoritéite vun de betraffene Länner ze erméiglechen.

Dës Konventioun setzt e multilaterale Kader, deen et de Länner erlaabt, géint den internationale Steierbedruch virzegoen, andeems eng ganz Rei vu Froen am Zesummenhang mam Informatiounsaustausch am Beräich vun de Steiere festgeluecht ginn. Et handelt sech heibäi ënner anerem ëm d'Zoustellung vun de respektiven Dokumenter an dem Recouvrement vun auslännescher Steierschold. Den Informatiounsaustausch ka sech entweder per Ufro oder duerch eng automatesch Prozedur oder op eng spontan Manéier maachen.

Ech wëll elo hei net weider op déi technesch Detailer agoen, mä dës Konventioun ass 1988 fir d'Länner vun dësen zwou Organisatiounen, dem Conseil de l'Europe an der OCDE, opgemaach ginn. 2010 ass se dunn duerch deen ernannten Ännerungsprotokoll ofgeännert ginn, an zwar éischtens, fir hire Contenu op eng international unerkannten Norm unzepassen, an zweetens, fir se fir Länner opzemaachen, déi weder an der OCDE nach am Conseil de l'Europe representéiert sinn. Dës adaptéiert Norm ass souwuel vun OCDE-Länner wéi och Net-OCDE-Länner ausgeschafft ginn, déi sech am Kader vum Weltforum zur Transparenz an dem steierlechen Informatiounsaustausch gesinn hunn. Si ass soumat international unerkannt a steet och am Artikel 26 vum Modell vun der OCDE-Steier-Konventioun.

Här President, Lëtzebuerg huet dës Konventioun an den Ännerungsprotokoll den 29. Mee 2013 zu Paräis ënnerschriwwen. Dës Instrumenter ginn eisem Land ënner anerem d'Méiglechkeet, fir Steieren (Impôts) an Abgaben (Taxen) ausserhalb vun eisem Territoire ze recouvréieren an domadder eis aktuell Kompetenzen ze erweideren.

Da wëll ech och nach kuerz méi speziell op den Artikel 30 vun der Konventioun agoen, well dëse fir eist Land vu Wichtegkeet ass. Dësen Artikel erlaabt et de Signatairen, prezis definéiert Reserven ze formuléieren. An dësem Kader entscheet Lëtzebuerg sech, eng Rei vun Ausnahme virzegesinn, wat den Informatiounsaustausch bei Steieren ugeet. Domadder ass d'Unzuel vun de Steierkategorien, déi duerch dës Konventioun betraff sinn, limitéiert op folgend Steieren: den Impôt sur le revenu des personnes physiques, den Impôt sur le revenu des collectivités, den Impôt sur la fortune an den Impôt commercial communal.

Souwuel d'Handwierkerkummer wéi d'Aarbechterkummer an de Statsrot begréissen dëse Gesetzesprojet. Sou wéi dat och am Koalitiounsaccord ze liesen ass, setzt Lëtzebuerg sech fir d'Transparenz a Steierfroen a géint den internationale Steierbedruch an a schafft dofir mat anere Länner zesummen, sief dat an der EU oder an der OCDE.

Dës Konventioun ass vu ganz ville Länner ënnerschriwwe ginn, ënner anerem vun all de G20-Staten an de BRICS-Länner, déi sech elo ëmmer méi entwéckelen. Dëse Gesetzesprojet verankert eist Land an enger internationaler Communautéit, déi op Transparenz bei Steierfroe setzt.

Här President, ech wëll op dëser Plaz dann nach dem Finanzminister Merci soe fir déi gutt a schnell Zesummenaarbecht mat der Chamber. An dat gesot a mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem virleienden Text.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Arendt. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).*- Merci, Här President. Ganz kuerz, ech wëll dem Guy Arendt Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Hien huet ënnerstrach, dass dat hei e wichtege Projet de loi ass fir de Ruff vun eisem Land a besonnesch vun eiser Finanz- a Bankeplaz. An ech wëll och soen, dass mir als CSV zu enger propperer Bankeplaz Lëtzebuerg stinn an dass fir eis och Steierflucht a Steierbedruch keng Kavaléiersdelikter sinn.

Wat eigentlech dës Konventioun als Ursprong huet, ass dee faméise G20-Sommet zu London vun 2009, wou eist Land praktesch iwwer Nuecht op eng sougenannten „gro Lëscht" vun deenen net kooperatiounswëllege Steierparadäiser gesat gouf. An do huet de fréiere Finanzminister zesumme mat de Beamten aus de Ministërë gekuckt, fir esou schnell wéi méiglech eng ganz Rei vun Duebelbesteierungsofkommessen ofzeschléissen, déi och schonn déi heite Kooperatiounsstandarden zur Basis haten.

Kuerz e Wuert zu deem, wat den Inhalt vun dëser Konventioun ass, nämlech, éischtens, kann eng Notifizéierung vun engem Steierbescheed vun enger Lëtzebuerger Steierverwaltung direkt an engem vun deene 60 Signataireslänner gemaach ginn. Dat ass eng wesentlech administrativ Vereinfachung. Et setzt natierlech viraus, dass déi Länner och akzeptéieren, dass esou eng vereinfacht Notifikatioun gemaach gëtt.

Zweetens spillt dës Konventioun och fir d'Andreiwe vun enger Steierschold. An do wëll ech nach eng Kéier dran ënnersträichen, dass mir et begréissen als CSV, dass och mat dëser Konventioun op engem internationale Plang dee sougenannten „information fishing" net méiglech ass. Et geet also net, dass einfach eng Steierverwaltung aus engem vun deenen anere Signataireslänner op Lëtzebuerg eng Notifizéierung mécht a seet: Maacht Dir eng Saisie toutes banques! Ech mengen, wann eng Steierschold am Ausland ufält an déi Steierverwaltung aus dem Ausland der Meenung ass, dass zu Lëtzebuerg Sue sinn, déi misste saiséiert ginn, da ka se dat maachen, mä si muss ganz kloer soen, op wat fir enger domat genannter Bank dës Saisie sollt gemaach ginn.

Datselwecht zielt fir den Informatiounsaustausch. Dee kann nëmme geschéien no eisen interne Prozeduren, wéi se an engem Gesetz vun 2010 stinn, vun deem dee leider verstuerwenen Här Thiel, de Lucien Thiel, deemools Rapporteur war, wou déi genee Prozedur virgesinn ass, no wat fir enge Kritären eng Steierverwaltung kann Informatioune bei enger Bank anhuelen. An do ass och fir dee Betraffenen eng Recoursméiglechkeet ginn.

Eng lescht Saach ass déi, dass, och wann dat hei ganz héich Kooperatiounsstandarde sinn, fir d'Lëtzebuerger an déi Leit, déi hei residéieren, selbstverständlech d'Bankgeheimnis wäert bestoe bleiwen. Et soll een och dat eng Kéier kloer ënnersträichen, an zu deem sti mir och als CSV, well fir eis d'Bankgeheimnis och en Deel Schutz vun der Privatsphär vun deem Eenzelnen ass.

Eng lescht Remarque ass déi: De Guy Arendt huet preziséiert, dass dës Konventioun sech applizéiert fir Lëtzebuerg mat deene Reserven, déi déi fréier Regierung gemaach huet, mä ech mengen, déi breet gedeelt ginn, nämlech sech ausschliisslech op d'Persounebesteierung, d'Betribsbesteierung, d'Gewerbesteier an d'Vermëigenssteier applizéiert. Net dovunner betraff si wéi gesot d'Grondsteier a virun allem och d'Ierfschaftssteier.

Mat deenen Observatioune ginn ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Jo, Här President, fir och den Accord vun eiser Fraktioun hei eranzebréngen, wat déi heite Konventioun ugeet, bei där een e bëssen awer, wann een d'Geschicht kuckt vun där Konventioun an d'Assumatioun vu Lëtzebuerg zu där Konventioun, gesäit, dass et ënnert dem Drock vun Evenementer zu engem liichte Paradigmewiessel komm ass an der Lëtzebuerger Politik.

Et ass jo awer frappant, dass d'Grondkonventioun schonn zënter dem 25. Januar 1988 besteet an dass et gedauert huet bis 2013, also genau 25 Joer, bis Lëtzebuerg d'Konventioun selwer an dann och en Amendement, deen 2010 gemaach ginn ass, eigentlech ënnerschriwwen huet. Dat beweist, dass während laange Jorzéngten eigentlech Lëtzebuerg hei wéineg Interessi hat un deenen heite Regelen, och wa mäi Virriedner déi elo als ganz positiv duergestallt huet.

Op jidde Fall muss ee feststellen, dass déi successiv Lëtzebuerger Regierungen, soubal et ëm d'Fro vun enger Kollaboratioun tëschent Steierverwaltunge gaangen ass, egal fir wat fir eng Steieren, eigentlech éischter d'Tendenz haten, fir ewechzekucken, wéi fir déi doten Texter ze ënnerschreiwen.

Mir wëssen, dass sech do d'Welt an deene leschte Jore geännert huet, dass mer ënnert dem Drock vun all méiglechen internationalen Organismen, GAFI an ähnlechen, eng ganz Rëtsch vun Efforte gemaach hunn, fir eis konform ze setzen zu ëmmer méi contraignanten internationale Regelen.

An ech mengen eigentlech, dass dat do dee richtege Wee ass, dee mer do ginn, och wa mer als Lëtzebuerger Land deen dote Wee net ganz fräiwëlleg ginn, dat wësse mer alleguerten heibäi. Ech mengen, et ass awer richteg, dass mer deen Accord hei esou och guttheeschen an dass mer och déi Reserven do als Lëtzebuerg mat agebaut hunn.

Ënnert deene Virbemierkungen, wéi gesot, den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deem heite Projet de loi.

M. le Président.- Merci dem Här Bodry. Nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Jo, Merci, Här President. Just, fir dem Rapporteur Merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun ze ginn.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Dann ass nächste Riedner den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Ech mengen, et ass awer wichteg, drop hinzeweisen, datt dat heiten eng Konventioun ass, déi net nëmme vun der EU, mä och vun der OECD an och vum Conseil de l'Europe gedroe gëtt. Ech mengen, et ass eng Konventioun, déi vun ´88 un usteet, wéi den Alex Bodry dat elo richteg gesot huet, an déi wierklech laang gebraucht huet, fir ëmgesat ze ginn. Déi am Fong geholl ee Bäitrag soll sinn zur Transparenz a Steierfroen; dat heescht, ee wesentleche Bäitrag, fir Steierhannerzéiung ze verhënneren.

An do sinn dräi Outile virgesinn, dräi Moyene virgesinn: Dat eent, dat ass Informatiounsaustausch, dat Zweet ass d'Zoustellung vun Dokumenter, prezisen Dokumenter, an dat Drett, dat ass d'Anzéie vu Steierscholden. Lëtzebuerg ass elo praktesch op dee leschte Wagon gesponge vum leschten Zuch, fir do nach derbäi ze sinn, zesumme mat enger ganzer Rei anere Länner, a fir domadder am Fong geholl ze évitéieren, datt Lëtzebuerg erëm op déi gro Lëscht kënnt vum Forum mondial, wat d'Transparenz géint Steierhannerzéiung ugeet.

Wat awer wesentlech ass an där Konventioun, déi mer elo hei virleien hunn, haaptsächlech net an der Konventioun, mä am Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, dat sinn d'Reserven, déi Lëtzebuerg umellt. Lëtzebuerg seet, si géife keng Hëllef bidden, iwwerhaapt keng Assistenz bei beispillsweis engem ganze Beräich, bei engem ganzen Deel vu Steieren, zum Beispill bei Sozialversécherungen, Successiounen, Donatiounen, Propriétés immobilières, TVA an esou weider an esou fort, déi do opgezielt sinn.

Elo kann ee soen, datt an der EU aner Instrumenter besti fir deen Informatiounsaustausch. Awer nëmmen an der EU! Mat der Schwäiz, mat Liechtenstein an esou weider verzichte mer also op eng Assistance en matière de transparence vun de Steieren. Mir verzichten also do, aktiv eis un der Steierhannerzéiung ze bedeelegen (veuillez lire: aktiv eis un der Bekämpfung vun der Steierhannerzéiung ze bedeelegen).

An da gëtt et een zweete Volet, wou iwwerhaapt keng..., pardon, wou et eng ageschränkten Hëllef gëtt, nämlech déi, fir bestëmmten Dokumenter auszeliwweren a Steierscholden anzedreiwen. Dat ass déi op de Revenuen, op den Impôts sur revenu a Benefiss, „en gain en capital" an „en actif net", awer nëmmen, wa se